

All Moossnam fir de Klimaschutz ass also eng Moossnam fir d'Gesondheet vun eise Bëscher, dat heescht och d'Notzung vum Holz als erneierbar Energien. Dat wat de Kolleeg Negri als eng Pist vu ville Méiglechkeete gesot huet.

Dann hunn ech gesot, déi zweet Pist, déi ze goen ass, ass natierlech déi konkret um Terrain, um Niveau vun deem, wat virun allem d'Forstverwaltung, wat awer och d'Gemen-gen, wat vill aner Trägereen a virun allem och déi privat Bëschbesëtzer hei matmaachen. Ech mengen, dass dat ee vun deene wichtegste Punkten ass.

Mir hunn d'Zertifizéierung PFC an FSC. Ech weess, dass mer 2004 op engem Punkt waren, wou an der Regierung keng Décisioun geholl ginn ass, well déi zwee Systemer, deen ee méi ënnerstëtzt vum Landwirtschaftsministère, deen anere vum Ëmwelt-ministère, sech praktesch géigesäiteg blockéiert hunn. Dofir war et eng Décisioun vu villem bon sens fir ze soen, ma da gi mer deen dueble Wee, da fördere mer deen dueble Wee, léiwer dee wéi einfach stoe bleiwen a sech géigesäiteg ze bëugen an an der Zertifizéierung net virunzekommen.

Déi Décisioun huet et awer erlaabt, dass mer viru kuerzem de gesamte Statsbësch duebel zertifizéiert konnten ofschléissen. Huet erlaabt, dass eng ganz Rei vu Gemen-gen - ech hunn d'Zuelen net am Kapp, an déi 20 - elo eng Zertifizéierung FSC maachen, dass eng ganz Rei anerer eng Zertifizéierung um Niveau vu PFC maachen. Ech mengen, dass mer do dee Reliounskrich net sollte weiderféieren. Déi zwee sollten hir Aarbecht maachen. Si ginn och vun der Forstverwaltung neutral suivéiert an engersäits och finanziell ënnerstëtzt, deen een iwwer Kreditter vum Ëmweltministère an deen aneren um Niveau vun der Agriculture. Dat ass och dee richteg Wee.

Déi zweet Saach ass déi, wéi mat de Bëschbesëtzer an en Dialog a virun allem och an eng konkret Aarbecht eranzekommen. Zu Recht ass vum Kolleeg Gira gesot ginn, dass mer jo an enger Diskussioun dra sinn iwwert d'Reform vun der Forstverwaltung, an där et virun allem drëm geet, och do-baussen d'Strukturen um Terrain dezentral wierklech ze stäerken. Dat muss, fir mech jiddefalls, den A und O vun esou enger Reform sinn.

Niewent enger wichtiger Funktioun vu Koordinéierung, déi gemaach muss ginn, ass et dobaussen dezentral wichtig dat ze maachen an dann natierlech och an den Dialog eranzekomme mat de private Bëschbesëtzer. '89 bei der Reform ass nach proposéiert gewiescht gi vun der Forstverwaltung, fir en eegene Service vun der Forêt privée ze maachen. Dat ass deemools op net ganz vill Géigeléift gestouss, well do virun allem vun de private Bëschbesëtzer d'Onofhängegkeet ervirgedoe ginn ass. An der Tëschenzäit sinn och do Evolutionen. Ech mengen, dass mer haut gutt Relatiounen, souwuel um Niveau vum Ministère wéi och um Niveau vun der Forstverwaltung, mat de private Bëschbesëtzer hunn, fir och mat deene kënnen eng konkret Aarbecht ze maachen.

Schlussendlech hutt Der gesot, Här Negri, dass d'Fro sech stellt: Wat ass d'Zukunft vun deem Programm „Forest Focus“, deen 2006 ausgelaf ass? Méi konkret a méi schnell kann et net sinn. An enger Véirel-stonn, um 10 Auer féinnt am Ministère eng Réunioun mat de private Bëschbesëtzer statt, fir iwwert dat neit Instrument ze schwätzen, nämlech LIFE plus. LIFE plus soll dat Instrument ginn, an deem mer konkret Projete kënnen mat eranhuelen an dann och déi europäesch Finanzéierung kënnen garantéieren, fir dass mer mat deenen och weiderkommen.

Ech géif mengen zum Schluss, dass dat eng Rei vu Punkte sinn, virun allem och aus dem nationalen Naturschutzplang, deen awer wierklech elo d'„road map“ misst si fir déi nächst Jore fir weiderzekommen. Do gëtt et ganz konkret Projeten. Zum Beispill déi vun der Entfichtung vun 150 Hektar net standuertugepasstene Peuplementer laanscht eis Baachen. Dat ass e konkrete Projete, deen an déi richteg Richtung geet.

Mir müssen och d'Opkaf vu Bëscher duerch de Stat an de Gemenge mat der Garantie vun enger naturnoer Bewirtschaftung verstärkt weiderféieren, an och déi Subsidiéierung, déi eis d'Méiglechkeet gëtt um Niveau vum Naturschutzgesetz, noizen, fir dat och mat de Stëftungen a mat aneren ze maachen.

Drëttens, hunn ech scho gesot, ass konkret wierklech déi flächendeckend Zertifizéierung vun enger nohalteger Bëschbewirtschaftung, esou wéi mer et um Niveau vun deenen zwee Labelen amgaang sinn ze maachen.

Da véiertens ernimmen ech awer och d'Ausweise vun 2.000 Hektar Naturbëscher, déi besonnesch als Monitoringsflächen an dësem Kontext héich interessant sinn. A ville Gemenge komme mer weider, fir déi Projete vun naturnoe Bëscher als konkret Projete weiderzedreiwen, esou wéi et schonn als Zilsetzung vu mengem Virgänger och 2003 an 2004 an d'Wee geleet ginn ass.

Fënneftens, dat ass e wichtegt Instrument: Et gëtt ëmmer vill geschwat vum Plan sectoriel «Transports». Et gëtt och vill geschwat vum Plan sectoriel vun de Zones d'activités a vun deem vum Logement. Derniewent gëtt et e véierten, op deem mer an deene leschte Méint ganz vill geschafft hunn, fir e gewëssene Retard am Timing, dee mer do haben, ermëzkréien. Dass ass dee vun de Grands ensembles paysagers an de massifs forestiers. Dee muss eng gläich staark a gläich bedeitend Roll spillen am Spill vun deene véier Plans sectoriels,...

» Une voix.- Très bien!

» M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement*.- ...déi dann Enn des Joers, Ufank 2008 zu engem Schluss musse kommen, fir dass mer d'Bild an d'Mosaik vun deem Land, wat mer an deenen nächste Jore wëllen zeechnen an orientéieren, kréien.

Sechstens, och ganz konkret, e Punkt iwwert deen ech mech jo heiansdo e bëssen emballéieren, dat ass deen, dass eis à ce stade op haut 158 Hektar Terrain feelen, fir Défrichementen ze kompenséieren, déi scho statfonnt hu respektiv amgaang si stattzefannen. Och dat ass e Punkt, wou et muss dättelech ginn, dass mer d'Finanzen dofir müssen hunn, fir dat ze maachen. Dat ass bei eenzelne Projete garantéiert.

Wann ech zum Beispill d'Kompensatiounen huele vun der Nordstrooss, do si se am Projete selwer iwwert de Fonds des routes garantéiert. Do sinn et net d'Suen, déi de Problem sinn, mä et ass d'Feele vun Terrainen, déi mer net esou erbäikréien. Dat ass e wichtige Punkt. Wa mer do wëllen eng Bëschpolitik maachen, déi dobaussen och wierklech Akzeptanz an Ënnerstëtzung féinnt, da geet et net duer, ëmmer Jo ze soen zu Défrichementen, sief et fir Stroossen, Schinnestrecken oder Zones d'activités, da muss een och dat anert gläich parallel derniewent mat darselwechter Determi-natioun kënnen ëmsetzen.

» M. le Président.- Här Minister, erlaabt Der eng Tëschefro vum Här Mehlen?

» M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement*.- Jo, sécher.

» M. Robert Mehlen (*ADR*).- Här Minister, wat d'Reboisementer ubelaangt: Wann ech gutt am Bild sinn, schreift d'Gesetz vir, datt dat muss an darselwechter Gemeng oder an enger Nopeschgemeng passéieren. Et war schonn driwwer Rieds fir déi Dispositioun opzehiewen, well dat et jo dann e bësse méi einfach géif maache fir Terrainen ze fannen. Sidd Der bereet, op dee Wee ze goen?

» M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement*.- Et ass net d'Fro, ob ech bereet sinn. Et ass héchstwahrscheinlech esou, dass ech gezwonge wäert sinn, op dee Wee ze goen, well eis soss d'Hänn gebonne sinn, fir déi Reboisementer esou ze maachen, wéi et noutwendeg ass. Ech mengen, dass déi Reflexioun effektiv bei eis amgaangen ass gemaach ze ginn. Well wa mer Kompenséierung wëlle maachen, da muss mer se méi wäitfläheg effektiv kucken, fir dass mer wierklech Resultater hunn.

Ech mengen, dass dee gréisste Problem wierklech deen ass, engersäits Terrainen ze kréien. Terrainen ze kréien, esou wéi d'Gesetz et virgesäit, an der direkter Noperschaft. Mä wa mer dat net fäerdeg bréngen, wann et do oniwwerwindlech Schwierigkeete gëtt, dann ass dat bal esou en Dossier wéi bei PFC an FSC. Iergendeng Kéier muss een dann och pragmatesch erauskommen a soen: Wann et der Natur hëllef, dann hëllef et der Natur, och wann et e puer Kilometer méi wäit ewech ass. Et ass also an déi Richtung wou mer amgaange sinn ze denken.

Wa mer déi zwou Piste verfolgegen, déi um Niveau vu Klimaschutz, vu Pollutioun vun der Loft, an dann zweetens déi konkret an de Bëscher mat deene Programmer do, mat der Ënnerstëtzung vun enger Forstverwaltung, déi eng ganz gutt Aarbecht leescht, an deene Partneren, déi mer do hunn, da kënnen mer et fäerdeg bréngen, där Fatalitéit entgëintzetrieden.

Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Minister.

Domat ass dëse Punkt vun eisem Ordre du jour ofgeschloss. Mir kommen zur Diskus-sioun vum Projet de loi 5366 iwwert de Verkéier op den öffentleche Weeër. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Roland Schreiner.

## 2. 5366 - Projet de loi modifiant

### a) la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

### b) la loi du 16 avril 2003 relative à l'assurance obligatoire de la responsabilité civile en matière de véhicules automoteurs

### c) la loi modifiée du 6 mars 1965 concernant les taxes à percevoir sur les demandes en obtention des documents prescrits pour la mise en circulation et la conduite de véhicules

## et

## 5164 - Proposition de loi de M. Niki Bettendorf portant modification de l'article 12 de la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques modifiée par les lois des 2 mars 1963, 17 avril 1970, 1<sup>er</sup> août 1971, 7 avril 1976, 7 juillet 1977, 31 mars 1978, 9 juillet 1982, 3 mai 1984, 28 janvier 1986, 8 avril 1986, 7 septembre 1987, 15 janvier 1991, 21 décembre 1991, 1<sup>er</sup> juillet 1992, 27 juillet 1993, 26 août 1993, 18 mars 1997 et du 5 juin 1998

## Rapport de la Commission des Transports

» M. Roland Schreiner (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, Här President, fir d'Wuert.

Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 5366, dee mer haut de Mueren hei diskutéieren an deen ech d'Eier hunn ze rapportéieren, huet als Objektiv, duerch eng Rei vun neie Moossnamen d'Sécherheet op eise Stroossen dättelech ze verbessern. E reit sech an an d'Strategie vun der Europäescher Unioun aus dem Joer 2003, fir d'Zuel vun de Verkéiersdoudege bis zum Joer 2010 ëm d'Halschent ze reduzéieren.

All Joer stierwen op den europäesche Stroosse méi wéi 40.000 Mënschen. 1,6 Milliounen ginn duerch Verkéiersaccidenter blesséiert an droen zum Deel bleiwend Kierperschied dovun. 90 bis 95% vun dësen Accidenter sinn op mënschlecht Versoen zrëckzeféieren a kéinten deemno verhënnert ginn.

Dës Zuele sinn erschreckend a maachen dättelech, wéi noutwendeg a wéi dréngend Handlungsbedarf besteet an Europa an och hei zu Lëtzebuerg. Dat trotz alle Verbesserungen, déi an deene leschte Joren um Niveau vun der Technik vun den Autoen erreecht goufen an déi och e Bäitrag zur Verbesserung vun der Sécherheet am Verkéier duerstellen.

Dee gréisste Risikofacteur ass a bleift awer nach ëmmer de Mënsch selwer, de Chauffeur also. D'Statistiken erginn, dass déi meescht Accidenter aus ze héijer Vitesse, staarkem Alkoholkonsum an neierdëngs och Fueren ënner Afloss vun Droge resultéieren.

Duerfir verfolgegt dëse Projet de loi och e puer Pisten.

Éischstens emol eng méi héich a méi effikass Penaliséierung vun de Chauffere bei besonnesche Verstéiss géint d'Verkéiersuerd-nung. Zweetens, d'Erofsetze vum erlaabten Taux d'alcoolémie, an drëttens, d'Afféiere vun Tester, déi et ermëglichen, d'Fueren ënner Afloss vun Droge méi systematesch ze detektéieren an ze bestrofen, dat Ganz gekoppelt mat enger besserer Sensibiliséierung a Formatioun vun de Chaufferen.

Här President, den initiale Projet de loi gouf schonn de 16. Juli 2004, also nach vun der leschter Regierung, deponéiert an huet dräi grouss Voleten ëmfaasst: d'Reform vun der Stagezäit, d'Verstärke vun de Sanktioune fir besonnesch schweier Verstéiss an den

Dépistage vun de Chaufferen am Kontext vum Drogekonsum.

Ech wëll an dësem Kontext fir d'Kolleege vun der demokratescher Fraktioun, awer och fir d'ganz Chamber un d'Proposition de loi aus dem Joer 2003 vun eisem Kolleeg Niki Bettendorf erënnere, deem dës Problematik ganz besonnesch um Häerz louch an déi och an dëse Projet de loi praktesch integral agefloss ass. An deem Sënn hat och schonn déi viregt Regierung dëse Gesetzesvorschlag aviséiert.

De Konsum vun illegalen Drogen ass e Fléau vun eiser Gesellschaft, dee sech leider ëmmer méi verbreet, haaptsächlech bei deene jonke Leit, an et ass evident, dass dee Phenomeen och sáin negativen Impact op d'Verkéierssécherheet huet. Dat ëmsou méi, wéi sech ganz oft Drogen- an Alkoholkonsum matenee vermëschen.

Statistiken aus Frankräich hunn erginn, dass de Pourcentage vu Chaufferen, déi an en déidlechen Accident verweckelt sinn an ënnert der Emprise vu Stupéfiante fieren, bei 15 bis 20% läit, an d'Europäesch Kommissioun geet dovun aus, dass, wann net dréngend Moossnamen an deem Beräich ergraff ginn, à terme méi Accidenter aus Drogekonsum, wéi aus Alkoholkonsum resultéiere kéinten.

De Projet de loi adaptéiert duerfir déi bestehend Législatioun aus de 70er Joren an definéiert prezis déi Substanzen, déi am Kader vun engem Dépistage getest ginn, wéi een Test ausschlaggebend ass, an en definéiert och de Seuil ab wéini ee kéint dovun ausgoen, dass de betraffene Chauffeur net méi fahrtüchteg ass, well en ënner Afloss vun Droge steet.

Mir waren eis an der Kommissioun eens, an och de Statsrot huet drop higewisen, dass et hei eleng ëm d'Verkéierssécherheet goen däerf. Et ass ganz kloer net eng verstoppten Absicht vun Législateur, fir d'Drogekonsumenten iwwert dëst Gesetz fir hiren Drogekonsum ze bestrofen. Duerfir gëtt et eng spezifesch Législatioun, déi Strofe festsetzt.

Dëse Projet de loi wëllt vermeiden, dass et zu Iwwerschneidungen an Inkohärenze kënnt. En orientéiert sech duerfir un der belscher an och un der franséischer Législatioun a lëschet véier Substanzen op mat Grenzwärter, déi net iwwerschrafft ginn däerfen. Déi véier Substanzen entsprechen deenen am meeschte verbreeten illegalen Drogen a sinn THCa, also alles, wat mer ënnert dem Begrëff vu Cannabis ze verstoen hunn, dann d'Amphetaminen, wéi zum Beispill Ecstasy, Kokain an och d'Opiaten, also Heroin, Morphin oder Kodein.

An der Praxis soll dat dann esou ausgesinn, dass d'Police op Ordonnance vum Procureur oder bei manifesten Unzeechen, déi festgestallt ginn, un éischter Stell emol en Test ka maachen, bei deem de Spaut oder de Schweiß analyséiert gëtt, a wann deen dann erweist, dass de Chauffeur eng vun deene véier Substanze konsumméiert huet, da gëtt eng Blutanalys gemaach, fir feststellen, ob eng vun deene genannte Substanzen am Blut ass oder net.

D'Blutanalys huet dee grouse Virdeel, dass se just da positiv ausfällt, wann de Konsum vun illegalen Droge rezent ass, well dës Substanzen am Blut relativ schnell ofgebaut ginn. Domat soll garantéiert ginn, dass just déi Leit bestrooft ginn, déi Auto fuere kuerz nodeem se Droge konsumméiert hunn. D'Strof, déi da verhaange gëtt, ass déiselwecht wéi am Fall vum Alkoholkonsum, wann de Chauffeur méi wéi 1,2 Promille Alkohol am Blut huet. Dat heescht, mir sinn am Beräich vun engem Delikt.

Här President, iwwert den Alkohol um Steier war am ursprëngleche Gesetzesprojet keng Verännerung zur heiteger Législatioun virgesinn. Opgrond vun deem, wat an der Regierungserklärung annoncéiert gouf, huet d'Regierung an der Persoun vum Transportminister den 19. Mee 2006 den déposéierte Projet de loi amendéiert an en neit Element erabruecht, dat déi scho virgesinne Mesuren nach zousätzlech verstärke soll, nämlech d'Erofsetze vun der Toleranzgrenz fir Alkohol am Blut beim Fuere vun 0,8 op 0,5 Promille respektiv 0,2 Promille fir bestëmmte Kategorië vu Chaufferen.

Dobäi stäipt se sech op eng entsprecheend Recommandatioun vun der Europäescher



Kommissioun, där, ausser Lëtzebuerg, haut nach just vu Groussbritannien, Irland a Malta net Folleg gelescht gëtt.

Si baséiert sech awer och op wëssenschaftlech Erkenntnisser, déi eng direkt Korrelatioun tëschent dem Alkoholtaux an dem Unfallrisiko beleeeën. Wann Etüden erginn, dass 25 bis 40% vun alle Verkéiersaccidenter mat déidlechem Ausgang op Alkoholkonsum zrëckzeféiere sinn, da gëtt et séier dättelech, dass d'Fueren ënner Alkoholafloss ee vun de gréisste Problemer an der Verkéierssécherheet duerstellt. Duerfir gëtt et och schonn an Europa ëmmer méi Stëmmen, déi proposéieren, de Seuil nach méi niddreg unzesetzen. A Schweden läit deen Taux haut scho bei 0,2 Promille.

Dëse Projet de loi geet awer net esou wäit a beléisst et bei 0,5 Promille. Deemno soll deemnächst als Contravention grave gëllen, wann ee fiert mat méi wéi 0,5 Promille am Blut. Bei méi wéi 1,2 Promille am Blut schwätze mer vun engem Delikt, an ab deem Seuil gëtt d'Strof dann och dättelech méi héich an ass och mat engem direkte Führerschäinentzuch verbonnen.

En Alkoholtaux tëschent 0,5 an 0,8 Promille wäert an Zukunft mat engem „einfachen“ Avertissement taxé bestrooft ginn. Tëscht 0,8 an 1,2 Promille ass eng Amende vu bis zu 500 Euro fälleg. Fir bestëmmte Kategorië vu Chaufferen - ech hunn et schonn ugedeit -, déi nach weéng Erfahrung oder eng besonnesch Responsabilitéit hunn, gëllt an Zukunft en Taux vun 0,2 Promille. Dozou zielen déi Leit, déi amgang sinn de Führerschäin ze maachen, an déi, déi nach am Stage sinn, hire Fahrlehrer oder hire Bäifahrer, am Fall vun der Conduite accompagnée. Dozou gehéieren awer och d'Berufsschauffere wéi d'Chauffere vun Taxien, Ambulanzen, Bussen, Camionen, Gefahrenguttransporter an esou weider.

Zwar gëtt et hei zu Lëtzebuerg haut keng prezis Donnéeën iwwer déidlech Accidenter, déi mat direkten Zesammenhang mam Alkohol um Steuer stinn, well an deene Fäll bis elo dat nach ni gemooss ginn ass, esou soen awer statistesch Donnéeën am Kader vum Punkteführerschäin eng Rei vu Saachen aus. Esou zum Beispill, dass an de Joren 2004 bis 2006 11,1% vun allen entzunnene Punkten op Verfeelungen zrëckginn, déi mat Fieren ënner Alkoholafloss ze dinn hunn. A wa mer d'Condamnatiounen um Geriicht considéieren, da gesi mer, dass 39,3% vun alle Punkten entzu goufen am Zesammenhang mat Alkohol um Steuer, also an zwee vu fënnef Fäll.

Méi prezis Donnéeë kréie mer awer och aus dem Ausland nach geliiwert, wou den Taux schonn zënter e puer Joer op 0,5 Promille festgesat ass. A Frankräich, wou dës Regelung schonn zënter dem Joer 1995 besteet, ass d'Zuel vun den déidlechen Accidenter am Kontext Alkohol ëm 14% erofgaangen. Interessant an aussokräfteg sinn och d'Zuelen aus dem Joer 2005, wou vun alle Chaufferen a Frankräich, déi an en Accident mat Kierperschued verweckelt waren, 30% en Alkoholtaux haten, deen tëscht 0,5 an 0,8 Promille louch. A vun alle Chaufferen, déi an en Accident mat Doudesfolleg verweckelt waren, haten 13,4% en Alkoholtaux tëscht 0,5 an 0,8 Promille.

Jiddferree kann doraus elo selwer seng Schlussfolgerungen zéien. D'Kommissioun war op alle Fall an hirer grousser Majoritéit der Meenung, dass et eleng opgrond vun deenen Informatiounen kloer wär, dass d'Reduzéierung vum erlaabten Alkoholtaux e wesentlechen Impakt op d'Verkéierssécherheet wäert hunn.

Ech wëll och an engem Saz op den Avis vun der Chambre de Commerce agoen, déi déi Approche net deelt, awer seet, dass, wann de Législateur awer op dee Wee wëllt goen, d'Sanktioun tëscht 0,5 a 0,8 Promille mat eranzehuelen, dann nëmmen an deem Fall en Avertissement taxé verhaange soll ginn, wéi bei engem Dépassement de vitesse. An et ass just dat, wat dëse Projet de loi och elo virgesäit.

Här President, eng weider Neierung ass och déi, dass de Procureur d'État deene Leit, déi méi gedronk hu wéi erlaabt, mä awer manner wéi 1,2 Promille Alkohol am Blut hunn, kann e pedagogesche Stage proposéieren. E Stage de réhabilitation, deen ënner anerem vu Psychologen ausgeschafft gëtt an d'Participantë soll encouragéieren, fir hiert eegent Verhalen nei anzeschätzen

an den Ustouss soll liwweren, fir e Mentalitéitswessel wann ech Auto fieren erbäizeféieren.

Zu engem Mentalitéitswessel sollen och déi méi héich an effikass Strofe bäidroen bei besonnesch gravé Verstéiss géint d'Verkéiersuerdnung. Mir hu festgestallt, dass mer am Verglach mam Ausland hei zu Lëtzebuerg zimlech tolerant si vis-à-vis vu Chaufferen, déi vill méi schnell wéi erlaabt oder staark alkoholiséiert fieren oder Fahrerflucht beginn, an dat oft méi wéi eemol.

Sech net un d'Verkéiersregelen ze halen, gëllt bei eis a bei villen hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer als Kavaléiersdelikt. Mat dësem Projet de loi soll dat sech änneren. Et soll no bausse kënne bewosst gemaach ginn, dass irresponsabel Chaufferen hiert eegent Liewen an dat vu villen anere Leit op d'Spill setzen. Duerfir gesäit dëst Gesetz dann och eng Rei vu substanzuellen Erhéijunge vun eenzelne Strofe vir.

Am Fall vun engem Verkéiersdelikt - dat sinn dann déi besonnesch grave Verstéiss - gëtt zum Beispill elo d'Geldstrof verduebelt. Si wäert an Zukunft tëschent 500 an 10.000 Euro leien. De Riichter kritt och méi e groussen Ermiessensspillraum, wann hien eng Prisongsstrof gëtt. Bis elo hat de Riichter awer d'Méiglechkeet, fir dem Schëllegen de Führerschäin ze loossen, fir op d'Aarbecht ze fieren. An der Praxis gëtt och vun dëser Méiglechkeet ganz vill Gebrauch gemaach. Dat soll elo iwwert dëst Gesetz ageschränkt ginn. Am Fall wou e Fahrverbot vu mindestens sechs Méint ausgeschwat gëtt, kann zumindest den éischte Mount net mat Suris verhaange ginn.

Dogéint kritt de Riichter manner Spillraum, fir d'Fahrverbotsstrofen ofzeschwächen. D'Gesetz gesäit am Moment vir, dass ee Verkéiersdelikt ëmmer mat engem Fahrverbot bestrooft gëtt, dat tëscht dräi Méint a 15 Joer ka leien. Bis elo hat de Riichter awer d'Méiglechkeet, fir dem Schëllegen de Führerschäin ze loossen, fir op d'Aarbecht ze fieren. An der Praxis gëtt och vun dëser Méiglechkeet ganz vill Gebrauch gemaach. Dat soll elo iwwert dëst Gesetz ageschränkt ginn. Am Fall wou e Fahrverbot vu mindestens sechs Méint ausgeschwat gëtt, kann zumindest den éischte Mount net mat Suris verhaange ginn.

Wa mer e Mentalitéitswessel an eiser Gesellschaft, mä och beim eenzelne Chauffer wëllen erbäiféieren, dierfe mer net tolerant si vis-à-vis vun deenen, déi net bereet sinn, ëmzedenken. Duerfir gesäit dëse Projet de loi och Verännerunge vir, fir den Délai vun der Récidive, deen am Moment bei engem Joer läit, eropzesetzen op zwee respektiv op dräi Joer.

Geldstrofen treffen net jiddferen d'selwecht staark. Eng ofschreckend Wierkung kann ee sech erhoffe vun enger neier Mesure, déi et der Police erlaabt, engem Chauffer, deen ze vill schnell fiert oder méi wéi 1,2 Promille Alkohol am Blut huet, direkt de Führerschäin ofzehuelen. Bannen aacht Schaffdeeg muss dës Mesure vun engem Untersuchungsrichter, deen e provisoersch Fahrverbuert verhängt, bestätegt ginn.

Nieft all dëse Mesuren am Kader vun der Verkéierssécherheet notzt de Projet de loi dann awer och nach d'Geleeënheet, fir e puer méi kleng Upassungen ze maachen. Ënner anerem gëtt eng Präzisioun, déi am Moment festleet, dass d'Période de stage zwee Joer dauert, erausgeholl. An der éischter Versioun vum Projet de loi stoung dës Ännerung am Kontext vun enger geplangter Reform vun der Periode de stage nach dran. Nom Dépôt vun dësem Projet de loi goufen déi betreffend Règlements grand-ducaux awer scho geännert, esou dass elo am Gesetz nach just eng kleng Ännerung iwwreg bliwwen ass. Mir hunn dat awer am Projet de loi stoe gelooss, well de Stage och an Zukunft vläicht erëm en nei Erkenntnisser ugepasst muss ginn, an dann ass et gutt, wann de Minister net noutwendegerweis un en Zäitdrock vun zwee Joer gebonnen ass.

Voilà! Här President, ech kommen domadder zum Schluss vu mengem Rapport. Ech soen den Deputéierte-Kollege Merci fir hir Opmierksamkeit an hoffen, dass d'Fraktiounen dësem Rapport hir Zoustëmmung ginn. Ech fir mäin Deel kommen awer herno nach eng Kéier zrëck, fir och nach am Numm vu menger Fraktioun e puer zousätzlech Remarques a Commentaires zu dësem Projet de loi ze maachen.

Fir de Moment Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. Fir d'CSV-Fraktioun ass den honorablen Här Kaes ageschriwwen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

» **M. Ali Kaes** (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5366 ass e wichtige Projet, well en als Haaptzil huet, d'Verkéierssécherheet op de Lëtzeburger Stroossen ze verbessern an ze stäerken. Et ass eng vun de Prioritéite vum

Transportminister, wéi se am Regierungsprogramm festgehal goufen. Et handelt sech hei awer och ëm e Gesetzestext, dee scho fir vill Gespréich uechtert d'Land gesuergt huet a sécherlech och nach wäert suergen, wann déi nei Regelunge bis a Kraaft trieden.

D'Diskussiounen erënnere mech e bëssen un dat ëmstriddent Antitubaksgesetz, wat haut, net emol e Joer nodeem et hei an der Chamber votéiert ginn ass, vun enger ganz grousser Majoritéit vun de Leit akzeptéiert ass.

» **Plusieurs voix.** - Ooohhh!

**(Interruptions diverses)**

» **M. Ali Kaes** (CSV). - Et kann ee sech jo mëttlerweil net méi virstellen, wéi et war, an e verniewelte Restaurant iessen ze goen.

**(Interruptions)**

» **Plusieurs voix.** - Très bien!!!

» **Une voix.** - Et misst och nach an d'Bistrote kommen!

» **Une autre voix.** - An an d'Diskoen!

**(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)**

» **M. le Président.** - Kommt!

» **M. Ali Kaes** (CSV). - Ech sinn der Meenung, dass, wa mer d'Zilsetzung vun dësem Gesetz dobause richteg vermëttelt kréien, dëst Gesetz no enger gewëssener Zäit genausou eng grouss Akzeptanz bei der Populatioun huet.

Wéi schonns gesot, ziilt d'Gesetz op eng Reduzéierung vun den Accidenter an op eng Verbesserung vun der Verkéierssécherheet. Vill gouf schonn an deene leschte Jore gemaach, mä et bleift awer, dass mer an der Moyenne nach ëmmer 8.000 Accidenter pro Joer ze verzechnen hunn. Am Joer 2006 hate mer 869 liicht an 259 schwéier Verwonnter ze bekloen.

Dir Dammen, Dir Hären, fir 36 Mënsche koun awer all Hëllef ze spéit. Positiv ass awer, dass an de leschte Joren d'Zuel vun den Doudesaffer kontinuëierlech erofgeet; an zwar vu 77 am Joer 2000 op elo 36 am Joer 2006. Domadder erfëlle mer och d'Objektiver vun der Europäescher Unioun, mat der Zilsetzung, bis d'Joer 2010 dättelech d'Accidenter op der Strooss ëm d'Halbschent ze reduzéieren, wat och scho vum Här Rapporteur erwähnt ginn ass.

Alkohol um Steuer, iwwerdrifwe Vitesse an Netuleeë vum Sécherheetsgurt sinn d'Haaptursaache vun Accidenter. Zu dëse bekannten Ursaache gesellt sech awer och en neie Problem, dee vum Drogekonsum, op deen ech méi spéit a menger Interventioun nach eng Kéier wäert zrëckkommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Vitesse an den Alkohol si schold bei méi wéi der Halschent vun den déidlechen Accidenter. 50% vun de verluerene Punkten um Führerschäin sinn op Vitessedépassementer zrëckzeféieren. 37% vun den Uerteeler bei Geriicht goufe gesprach weinst iwwerdrifwener Vitesse a 45% weinst ze vill Alkohol um Steuer. Alkohol um Steuer an extrem Vitessedépassementer si kee Kavaléiersdelikt a mussen deementspreechend bestrooft ginn! Een, dee sech wuelwëssend mat ze vill Alkohol hannert d'Steier setzt a sech net un d'Vitesselimitatioun vum Code de la route hält an doduerch muttwëlleg aner Leit am Verkéier a Gefor bréngt, muss an Zukunft mat schärfere Sanktiounen rechnen.

Duerch dëst Gesetz ginn nämlech souwuel d'Geld- wéi och d'Prisongsstrofe bei Homicide involontaire a bei Coups et blessures involontaires fatzeg an d'Luucht gesat. Dat-selwecht gëllt bei Widerhuelungstäter, déi entweder ze vill gedronk haten oder ze schnell ënnerwee waren. Hei gëtt ganz kloer op déi ofschreckend Wierkung vun den héije Strofe gesat.

Här President, en zweete wichtigen Aspekt vun dësem Gesetz ass d'Erofsetze vun der Alkohollimite vun 0,8 Promille op 0,5 respektiv op 0,2 Promille fir Jeunes conducteurs an aner Chauffere wéi déi vu Camion, Bus an Taxi.

Dass Alkohol d'Fuersécherheet erofsetzt, ass bekannt, an ech mengen, dat streit och keen heibannen of. Duerch den Alkohol loosse ganz einfach eis Reaktiounen no, eis Vue ass net méi honnert Prozent an de Kierper huet och Gläichgewichtsproblemer. Eng sëllech Etüden hunn dat och eendeiteg bewisen. Wat den Taux am Blut méi héich ass, wat de Risiko, en Accident ze bauen, ebenfalls méi grouss ass. D'Konsequenze kenne mer jo ganz gutt. Et brauch ee jo nëmme méindes mueres virun allem d'Zitung opzeschloen.

Fir de Risque vun alkoholbedéngten Accidenter ze reduzéieren, féiere mer haut wéi gesot d'0,5- respektiv d'0,2-Promillegrenz an a passen eis domadder och der allgemenger Situatioun an Europa un. An deene meeschte Länner ass jo haut schonn den Taux op 0,5 Promille. Just an England an an Irland dierf een an Zukunft nach méi déif an d'Glas kucken an duerno Auto fieren.

Mir begréissen als CSV-Fraktioun, dass d'Alkohollimite fir d'Fuerufänger op 0,2 Promille erofgesat gëtt. Statistesesch gesinn, sinn et si, déi opgrond vu mangelnder Erfahrung gekoppelt mat Alkohol méi oft a Verkéiersaccidenter verweckelt sinn, wéi anerer. Mat dëser Mesure kënnen a wëlle mer de Jonken d'Feieren an den Alkohol net verbidden. D'Zil vun dëser Mesure ass villméi, de Jonke vun Ufank un ze vermëttelen, dass Alkohol an Autofueren net kompatibel sinn. Dëst ass als pedagogesch Schutzmoosnam ze gesinn.

Well mer jo awer wëssen, dass déi Jonk sech de Weekend gären op engem Bal, Concert, Disko oder an engem Café amüséieren - an ech mengen, dat ass och gutt esou - an do dann och emol deen een oder anere Patt drénken, muss mer hinnen eng Alternativ ubidden, wéi si sécher erëm heemkommen. D'Campagne „Chauffer fir den Owend“ ass e flott Konzept, wat och an Zukunft muss weiderverfollegt ginn. En anere Modell ass de Late Night Bus, deen déi jonk Leit sécher vum Bal heemféiert. Dëst Konzept existéiert schonn zënter Joren erfollegräich am Norden an doriwwer eraus zënter enger Zäit am Mëllerdall an op der Musel. Ech géif mer wënschen, dass dëse Modell op d'ganz Land géif ausgeweit ginn.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Ali Kaes** (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir all déi aner Autoschauffere gëllt deemnächst eng Promillegrenz vun 0,5. Mir als CSV-Fraktioun stinn hannert dëser Entscheidung vum Transportminister an ënnerstëtzen all Mesuren, déi zum Zil hunn, d'Verkéierssécherheet op de Lëtzeburger Stroossen ze verbessern.

Mir schwätzen an Zukunft vun enger Contravention, wann den Taux vun Alkohol am Blut bei 0,5 Promille läit, an net eréischt - wéi bis elo - bei 0,8. Wann den Taux iwwer 1,2 geet, dann handelt et sech, wéi bis elo och a wéi et bekannt ass, ëm en Delikt.

Ech wëll awer preziséieren, dass de Strofe-katalog bei enger Contravention net uniform applizéiert gëtt. Et gëtt méi nuancéiert gekuckt, wéi vill ee gedronk huet. Et soll ënnerscheet ginn, ob ee just iwwert der Limite vun 0,5 Promille läit oder méi en héijen Taux vun Alkohol am Blut huet. Esou gëtt bei der Bestrofung eng ganz kloer Differenz gemaach tëscht 0,5 bis 0,8 an 0,8 bis 1,2 Promille. Wann ee mat engem Wäert tëscht 0,5 an 0,8 Promille erwëscht gëtt an et war een net schonn e puermol derbäi, da kritt ee just en Avertissement taxé vun der Police. Dee kascht 145 Euro, an et verléiert een zwee Punkten.

Domadder gëtt verhënnert, dass, wann een emol eng Kéier an eng Alkoholkontroll geréit an och nach méi gedronk huet wéi erlaabt, ouni awer den Taux vun 0,8 Promille ze iwwerschreiden, een net direkt mat enger Gerichtsaffär konfrontéiert gëtt. Et bleift dee Moment bei engem Protokoll. Ausserdeem dréit dëse System och dozou bäi, dass eis Gerichter net weider iwwerlaascht ginn. Ech mengen, dat ass e wichtige Punkt, dee mer och de Leit dobause vermëttelen an erkläre mussen.

Wann een awer iwwert dem Taux vun 0,8 Promille läit, dann applizéiert sech selbstverständlech de bestehende Strofe-katalog. Natierlech gëtt et Leit, déi och widerhin hiren Apéritif, eng Fläsch Wäin an en Digestif wëllen drénken, wa se iesse ginn. Hei ass de Risque natierlech ganz grouss, dass se bei enger Alkoholkontroll iwwert dem zoulässege Seuil leien an eigentlech net méi Auto dierfe fieren. Hinne muss mer Alternativen ubidden, wéi zum Beispill den Night Rider, deen och scho vu ville Leit genotzt gëtt, a vläicht konnt deen een oder anere vun heibanne schonn dësen äusserst positive Service ausprobéieren.

Dës Weidere soll ee sech iwwerleeën, ob een net misst d'Tarifstruktur vun den Taxien iwwerdenken. Den héije Präis gëtt ëmmer als éischt Argument bei de Leit dofir ugefouert, firwat den Taxi net als alternatiiv Transportmëttel fir si a Fro kënn.

» **M. Henri Grethen** (DP). - Här President!

» **M. le Président.** - Här Kaes, erlaabt Dir eng Tëschefro vum honorablen Här Grethen?

**(Assentiment)**



» **M. Henri Grethen** (*DP*).- Ech wollt den Här Kaes froen, hien als Gewerkschaftler, als gestanene Gewerkschaftler weess jo sécher, dass e grousst Element an der Rechnung vum Taxispräis d'Léin an d'Gehälter sinn, an als Gewerkschaftler huet en ëmmer dozou bäigedroen - wat luewenswäert ass -, dass d'Taxichauffere méiglechst vill solle verdéngen. E soll mer also erklären, wéi en dat elo maache wëllt, fir d'Taxispräisser erofzekréien a gläichzäitig d'Léin an d'Gehälter vun de Chaufferen an d'Luucht ze setzen.

*(Interruptions diverses et hilarité)*

» **Une voix**.- Ma den Här Grethen bestelt de Rubbelbus.

» **M. Ali Kaes** (*CSV*).- Also, ech...

*(Interruption)*

Wat fir eng Alternativ, Här Bettel?

*(Interruptions diverses)*

...eng Alternativ, mä ech kann lech soen, Här Grethen, dat ass awer elo meng perséinlech Meenung...

» **Plusieurs voix**.- Ah! Ah!

*(Interruption)*

» **Une voix**.- An dat an der CSV!

» **M. le Président**.- Da kommt!

» **M. Ali Kaes** (*CSV*).- Dat ass meng perséinlech Meenung, iwwert déi een awer mindestens misst kënnen nodenken. Mir subventionéiere jo den öffentlichen Transport generell, da misst een och driwwer nodenken, wéi een och kéint am Taxiberäich an déi Richtung eppes ënnerhuelen,...

» **Une voix**.- Très bien.

*(Brouhaha général)*

» **M. Ali Kaes** (*CSV*).- ...wa mer do-duerch.... Ech hu jo gesot, dat ass meng perséinlech Meenung, dann dierf ech awer och hei...

*(Coups de cloche de la Présidence)*

» **M. le Président**.- Da lauschtert emol dem Här Kaes no, wann Der wëllt!

» **Une voix**.- Wa schonn een eng Fro stellt!

» **Une autre voix**.- Wann emol eng Kéier een eppes wëllt wëssen!

*(Interruption et hilarité)*

» **Une troisième voix**.- Voilà!

» **M. Ali Kaes** (*CSV*).- Also wéi gesot, et misst een driwwer nodenken, ob een net kéint och do eppes aféieren, natierlech net an där Form wéi am öffentlichen Transport, mä awer, fir deen do Facteur ze berücksichtegen. Déi Leit, déi an deem Beräich schaffen, hu selbstverständlech och d'Recht, fir eng adequat Pai ze hunn. Et muss een also kucken, wann een dat eent mécht oder wëllt maachen, wéi een dat kann dann och deementspriedend eventuell ënnerstëtzen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nach kuerz op den Dépistage vun Drogen agoen, dee mat dësem Gesetz agefouert gëtt. Et handelt sech hei ëm eng Polemik, déi sécherlech méi déi jugendlech Leit usprécht wéi déi eeler Leit. Fait ass, dass den Drogenkonsum an de leschte Jore rapid zougeholl huet, dat virun allem bei Leit am Alter tëschent 15 bis 30 Joer. D'Accidenter ënner Afloss vun Drogen ginn a leschter Zäit an d'Luucht, an et gesäit ee ganz kloer, dass et virun allem de Cannabis ass, dee vun de Leit konsumméiert gëtt.

Ech erënneren drun, dass, wann ee Cannabis fëmmt, de Risque, en Accident ze produzéieren, 2,5-mol méi héich ass, wéi wann ee kee fëmmt. Wann een dobäi och nach Alkohol drénkt, da multipliziéiert een de Risque vun engem Accident mat 4,8.

Am Rapport 2006 vum Réseau national d'information sur les stupéfiants et toxico-manes, och nach Rapport RELIS genannt, kann een noliesen, dass am Joer 2005 41,5 % vun de Leit, déi en Accident verursaacht hunn, Stupéfiántë geholl hunn. Eng erschreckend héich Zuel, déi engem ze denke gi muss!

Wann een d'Police freet, kritt een och confirméiert, dass bei villen Accidenter de Marihuana mat am Spill ass, dass dat en Haaptfacteur ass an dass virun allem déi Jugendlech hei am Mëttelpunkt stinn. Et mécht duerfir an eisen Ae Sénn, dass mer légiférieren an den Dépistage vun den Drogen aféieren, esou wéi et an eisen Nopeschlänner scho méi laang de Fall ass.

Mir schafen deemno déi gesetzlech Basis, fir dass iwwert de Spaut an iwwert de Schweess nogekuckt ka ginn, op d'Leit Droge konsumméiert hunn oder net. Wann den Test positiv ass - et gëtt iwwregens op véier verschiddene Substanzen getest -, da gëtt eng Blut- respektiv Urinpruf geholl. Dësen Dépistage gëtt an Zukunft systematesch duerchgefouert, wann an engem Accident Persounen zu Schued komm sinn. Et kann awer och gemaach ginn, wann et nëmmen zu Blechschued komm ass. Ausserdeem kann de Procureur d'État, ähnlech den Alkoholkontrollen, e generellen Dépistage vun Drogen ordonnéieren.

Mir begréissen ausdrécklech, dass den Dépistage vun Drogen agefouert gëtt a mir sinn der Meenung, dass de Problem an d'Gefor, déi vun den Drogen am Stroosseverkéier ausginn, nach vill ze dacks ënnerschätzt ginn.

» **M. le Président**.- Här Kaes, erlaabt Der eng Tëschefro?

» **M. Ali Kaes** (*CSV*).- Jo.

» **Mme Viviane Loschetter** (*DÉI GRÉNG*).- Ech wollt just zur Terminologie vum Här Kaes eng Fro stellen. Ass den Här Kaes der Meenung, dass den Alkohol keng Drog ass a just Cannabis a Konsorten Droge sinn? Oder ass den Här Kaes net éischter der Meenung, dass och den Alkohol eng Drog ass, an, wann hie vun Droge schwätzt, dat éischter eng illegal Drog sollt sinn?

» **M. Ali Kaes** (*CSV*).- Ech akzeptéieren absolut déi Remarque. Ech mengen, wa mir vun Droge schwätzen, da wësse mer hei an deem Land, wat fir en Term benotzt gëtt, do gëtt einfach vun Droge geschwat. Jiddferee weess awer, dass dat sech natierlech ëm illegal Drogen handelt, an den Alkohol ass nun eben, wéi Der ganz richteg sot, Madame Loschetter, eng legal Drog.

*(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)*

» **M. le Président**.- Här Jaerling, wollt Der eng Fro stellen?

*(Interruption et hilarité)*

Här Kaes, fuert Dir weider! Dir hutt eleng d'Wuert.

» **M. Ali Kaes** (*CSV*).- Mir begréissen ausdrécklech, dass den Dépistage vun Drogen agefouert gëtt, well mir sinn der Meenung, dass de Problem an d'Gefor vun deenen Drogen am Stroosseverkéier a sech ganz einfach, wéi ech et scho virdru gesot hunn, ënnerschätzt gëtt.

Mir stellen eis awer d'Fro, ob déi Tester, déi sollen agefouert ginn, och fiabel sinn a wierklech déi Substanzen uweisen, déi kontrolléiert solle ginn. Mir kruten nämlech vu Leit aus dem Laboratoire National de la Santé, déi an deem Beräich vun der Toxicologie schaffen, matgedeelt, dass de Choix, deen am Gesetz virgesinn ass, praktesch an technesch net ëmsetzbar wier. Ech sinn awer iwwerzeegt, dass den Här Minister eis Opschloss iwwert dës Fro ka ginn.

Ech wollt an dësem Kontext och nach kuerz op en anere Problem hiweisen, an zwar deen, wann een ënner Afloss vu Medikamenten Auto fiert. Ech denken hei virun allem u Medikamenten wéi Temesta, Valium an anerer, déi och hir Auswirkung op de mënschleche Kierper hunn. Et ass dëst e komplext Thema, dat ebenfalls e Problem duerstellt, deen et gëllt eng Kéier unzegoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss wollt ech dem Här Rapporteur Roland Schreiner Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport souwéi fir déi vill Aarbecht, déi hien an natierlech och all déi aner Membere vun der Transportkommission geleescht hunn. Mat dësem Projet erhéije mer d'Verkéiserssécherheet an eisem Land, an duerfir ginn ech selbstverständlech och den Accord vun der CSV-Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Kaes. Fir d'DP-Fraktioun hält d'Wuert den honorablen Här Henri Grethen.

» **Plusieurs voix**.- Aaaaa!

» **M. Henri Grethen** (*DP*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 16. Juli 2004 hat ech d'Éier, dëse Projet an der Chamber ze déposéieren. Dëse Projet zwar net an där Form, wéi en elo virläit, mä awer e Projet, dee menger Meenung no eng Äntwert war op d'Erausfuederungen, déi sech a puncto Verkéiserssécherheet hei zu Lëtzebuerg stellen.

Ech hat dobäi och eng Proposition de loi mat agebaut an iwwerholl, déi mäi Kolleeg Niki Bettendorf virgeluecht hat, an ech si frou, dass de Rapporteur a sengem Rapport op déi Proposition de loi agaang ass.

Ech wéilt och dem Rapporteur souwuel fir säi mëndleche wéi fir säi schrëftleche Rapport félicitéieren. Hien huet sech an dës komplizéiert Matière exzellent ageschafft an en ass och ganz besonnesch op déi Suergegen agaangen, déi den Niki Bettendorf zu senger Proposition de loi beweegt haten, besonnesch och well dat ursprënglech an eisem Ordre du jour, dee mer duerno geännert hunn, net ënnerstrach gi war.

Ech mengen, mir waren dem Niki Bettendorf schëlleg, dass mer un déi Proposition de loi erënnert hunn, déi hien hei déposéiert hat, an de Sujet - fir mat der Madame Loschetter ze schwätzen, Här President - vun den illegalen Drogen, dee louch dem Niki Bettendorf ganz besonnesch um Häerz.

Dir wësst, an der Pharmakologie gëtt villes als Drog betruecht. Et geet souguer scho beim Téi un. Wann en Apdikter lech vun Droge schwätzt, dann handelt et sech ganz oft ëm Téi, esou dass een hei muss vun deenen illegalen Droge schwätzen. Ech war also frou, dass mer déi Aarbechte vum Niki Bettendorf nach eng Kéier konnten hei würeden.

Här President, als fréieren Transportminister weess ech, dass d'Sécherheet op de Stroossen ee vun deenen delikatsten Dosieren ass, mat deenen en Transportminister sech muss beschäftegen. Ech hat eng Rei héich Beamte beoptraagt, mer eng Note de réflexion ze erstellen iwwer e Programm vu Mesuren, fir de Kampf géint d'Onsécherheet op de Stroossen ze verstärken. Déi Hären - et waren de Procureur, den Här Biver, de Generaldirektor vun der Police, den Här Pierre Reuland, an den Här Paul Schmit, Commissaire de Gouvernement - hu mir den 30. Juli 2003 eng Note de réflexion iwwerrecht, wou si Pisten opgezeechent hunn, wat ee sollt maachen, fir d'Verkéiserssécherheet ze verstärken.

Hinne vu mir aus op dëser Plaz e grouse Merci fir déi Aarbecht, déi si gemaach hunn. An deem Rapport, Här President - an duerfir, ech brauch jo net all Detailler vun dësem Projet nach eng Kéier ze widerhuelen, dat hunn de Rapporteur an och mäi Virriedner gemaach -, wollt ech ganz besonnesch op den Aspekt agoen, ob et noutwendeg an opportun wier, beim Taux d'alcoolémie vun 0,8 Promille ze bleiwen oder ob ee sollt erofgoen, wéi dat vu villen och schonn deemools verlaangt ginn ass.

An ech géif hei gären, Här President, mat Ärer Erlaabnis, aus där Note de réflexion kuerz zitéieren: «Le fait que l'ivresse au volant (alcoolémie supérieure à 1,2 g/l) constitue 40% des affaires pénales, montre que, nonobstant l'application au Luxembourg des taux légaux relativement permissifs, le problème de l'alcool n'est pas maîtrisé à l'heure actuelle. Afin d'intensifier la lutte contre le phénomène, il sera par conséquent plus logique de renforcer les peines pour les ivresses (alcoolémie supérieure à 1,2 g/l) plutôt que d'abaisser le seuil du taux prohibé de 0,8 à 0,5 g/l. En effet, en suivant l'exemple de la majorité des autres États membres de l'Union européenne, on élargirait tout au plus le cercle des fautifs sans pour autant influencer sur le comportement de ceux qui se rendent déjà aujourd'hui coupables d'une ivresse grave.

Dans ces conditions, il est proposé de multiplier les actions de dépistage systématique, plutôt que de changer la législation en place. Dans la mesure où une initiative d'harmonisation serait prise par les instances communautaires visant à aligner le seuil légal de façon générale à 0,5 g/l, le Luxembourg ferait cependant bien de ne pas s'y opposer, la transposition de l'initiative communautaire pouvant consister en ce moment dans la constitution en contravention simple du fait de conduire en présentant une alcoolémie supérieure à 0,5 g/l et inférieure à 0,8 g/l.»

Dat waren d'Konklusiounen vun deenen Experten an ech hu mech deenen ugeschloss. Ech wollt hei ënnersträichen, firwat - als een, dee fënnf Joer an deem Domän Responsabilitéit gedroen huet - ech net op dee Wee gaange sinn, dee mäin Nofolger elo der Chamber proposéiert.

Och een anere Virgänger vum aktuellen Transportminister, den Här Robert Goebbels, ass därselwechter Meenung a mir konnten nach elo viru kuerzem, Här President, am „Tageblatt“, den 10. Juli, d'Position vum Här Goebbels an där Fro noliesen, déi sech mat deem deckt, wat déi dräi Experten an hirer Note mir geschriwwen hatten.

Ech zitéieren: „Dabei ist nicht bewiesen, ob jemand, der demnächst mit 0,5 bis 0,79 Promille angetroffen wird, einen großen Risikofaktor im Verkehr darstellt. Die Regierung kann nicht belegen, wie viele Unfälle in den letzten Jahren verursacht wurden von Autofahrern, die unterhalb der bisherigen Promillegrenze lagen. Die Gesetzesvorlage beruft sich auf wissenschaftliche Studien, deenen zufolge mit zunehmendem Alkoholkonsum die Reaktionsfähigkeit am Steuer abnimmt. Ob das Risiko bei 0,5 so viel geringer wird als bei 0,8 Promille, ist nicht bewiesen“, schreibt den Här Goebbels a sengem Artikel.

Och de Conseil d'État a sengem Avis kënnst zu, ähnliche Konklusiounen. De Conseil d'État, an ech dāerf zitéieren, Här President: «Au cas où le seuil minimal actuel de 0,8 g/l n'aurait pas d'incidence significative sur le nombre de ceux qui dépassent allègrement le taux de 1,2 g/l, il y aurait en effet lieu de s'interroger si l'abaissement de ce seuil minimal à 0,5 g/l est réellement apte à venir à bout des ivresses au volant.»

Här President, dat weist, dass mer hei ënner engem gewëssenen Drock an am Kader vun engem Mainstream, vun enger Pensée unique elo eng Mesure huelen, wou ech perséinlech net der Meenung sinn, dass se Entscheedendes verbessere wäert. Ech bleiwen der Meenung, dass d'Sensibilisierung op där enger Säit an d'Repressioun op där anerer, fir déi, déi wierklech staark Problemer mam Alkohol hunn an trotzdeem sech un d'Steier sëtzen, dass dat méi effikass ass.

Wann ee wëllt, Här President, an net op dësem Gebitt, mä um Gebitt vun der Verkéiserssécherheet eppes maachen, da muss ee sech och ëm aner Problemer këmmen.

Ech ginn lech ee Beispill, wat déi meescht heibannen, déi ganz Gerued an och déi aner, déi e bësse méi labber sinn, wat déi awer alle 60 maachen - et je vous mets au défi! -, dat ass telefonéieren am Auto! An telefonéieren am Auto ass op d'mannst grad-esou geféierlech.

*(Interruption)*

Jo, et gëtt der och, déi fueren, déi hu keen Auto. Entschëllegt, Här President,...

*(Hilarité)*

...ech hu mech gëiert. Entschëllegt, ech muss mech korrigéieren. Déi, déi selwer mam Auto fueren, déi maachen dat ganz oft.

Ech kann lech zum Beispill soen, dass op der Universitéit vun Utah an de Vereenegte Staten eng Etüd gemaach ginn ass, déi erausfonnt huet, dass telefonéieren am Auto, Mains libres oder, wat hei zu Lëtzebuerg verbueden ass, um Ouer, gradesou geféierlech ass, dass dat gradesou schlëmm ass fir d'Sécherheet am Verkéier, wéi en Autofuerer, dee méi wéi 0,8 Promille huet!

Ech géif also mengen, wann déi Studië richtig ass - an ech hu keen Zweifel drun, ech hu kee Grond, fir dorunner ze zweifelen -, da misst een och d'urgence dogéint eppes maachen. Ech weess zwar, dass eng Rei Kolleegen dat net gären héieren, mä et ass awer ee vun de Punkten, wou een dann och misst duerchgräifen.

*(Interruptions)*

Här President, ech wëll de Kolleeg soen, alles wat oflenkt, wann een Auto fiert, ass geféierlech! A selbstverständlech ass een als politesch Verantwortleche besuergt dorëms, dass wa méiglech keng Accidenter passéieren, dass keen zu Schued kënnst, mä mir musse wëssen, dass dat e Chantier ass, deen een all Dag erëm muss op de Métier huelen. An als een, dee sech héchst onbeléift gemaach huet, andeem en de Puncteführerschäin agefouert huet, kënnst Der mer gleewen, wann ech iwwerzeegt dovun gewiescht wär, dass déi Mesure hei, fir vun 0,8 op 0,5 Promille erofzegoen, géif wesentlech zur Verkéiserssécherheet bäidroen, dann hätt ech keng Sekonn gezéckt, fir mech och an deem Domän weider onbeléift ze maachen.

*(Hilarité)*

Mäi Successeur, Här President, dee wëllt sech bei enger Rei Leit beléift maachen a bei enger anerer Rei Leit onbeléift maa-



chen. Dat ass ëmmer esou. Duerfir, hie mécht sech beléift bei deenen,...

(Interruption)

Neen, beim Punkteführerschäin hunn ech mech bei jiddferengem onbeléift gemaach.

(Interruption)

Här President, ech wéilt dem Här Braz soen, dass ech absolut zu deem stinn, wat ech gemaach hunn, an dass mer näischt do leed doet. Ech wëll lech just soen, dass dat eng Measure war, déi mer keng Popularitéit abruecht huet, während aner Mesuren, déi hei Measure, fir vun 0,8 op 0,5 erfzegoen, déi mécht populär bei Einzelnen an onpopulär bei aneren. Dat ass den eenzegen Ennerscheid.

Mäi Successeur huet seng Verantwortung iwwerholl a proposéiert dat der Chamber, a wann ech hei de Rapporteur an de Spriecher vun där gréisster Majoritéitspartei gutt verstanen hunn, da wäerte si och där Measure mat Begeeschterung hir Zoustëmmung ginn.

Här President, bei eis an der Fraktioun ass d'Begeeschterung fir déi Measure net esou grouss, an ech muss lech soen, dass, wann ech wéilt elo de Goethe zitëieren aus dem „Faust“: „Zwei Seelen wohnen, ach, in meiner Brust!“, esou ass et bei eis an der Fraktioun. En Deel vun de Kolleegen, déi ralliiere sech dëser Measure, anerer, déi hunn hir Schwieregkeeten domat.

Mir hunn an der Fraktioun doriwwer diskutéiert. Jiddferée bei eis ass, wéi dat sech fir eng Partei vun eiser Obédience gehéiert...

(Hilarité)

Bei eis gëtt et kee Fraktiounszwang. Duerfir därer jiddferéen an dëser Fro esou ofstëmmen, wéi hien dat fir richtig fënn.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Jiddferée muss sech an esou enger Fro wéi dëser selwer an de Spigel kucken, Verantwortung iwwerhuelen, zu deenen Décisiounen stoen, déi hien hei a sengem Vote, dee jo public ass, wäert huelen.

D'Majoritéit vun der Demokratescher Partei wäert sech dëse Propositionen unschléisen. Déi aner Dispositiounen vum Gesetz, mat deene ware mer souwisou d'accord. Duerfir, Här President, wollt ech méi laang iwwert dee contestéiertsten Deel vun dësem Projet de loi schwätzen. Mir hunn an dëser Fro keng eestëmmeg Haltung. Jiddferée vun eis wäert seng Verantwortung iwwerhuelen. Majoritär wäerte mer dësem Projet de loi eis Zoustëmmung ginn.

Merci!

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Grethen. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Schreiner.

(Interruptions diverses)

» M. Roland Schreiner (LSAP).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hat d'éinescht gesot, ech géif am Numm vun der LSAP-Fraktioun nach e puer zousätzlech Remarquen zu dësem Projet de loi wëlle maachen an nach eng Kéier d'Regierung an hirer Erklärung vum 4. August 2004 zitëieren, déi gesot huet: «Afin d'améliorer la qualité de vie de la population luxembourgeoise et d'obtenir un gain de confort et de sécurité pour les usagers, le Gouvernement entend prioritairement combattre avec fermeté le fléau des accidents de la route en renforçant de manière substantielle les mesures et actions en faveur de la sécurité routière.»

Ech mengen, an och wann déi Meenung net vu jidderengem gedeelt gëtt, dass de Rapport, deen ech d'éinescht am Numm vun der Kommissioun hei presentéiert hunn, genuch Zuelen an Argumenter geliwwert huet, déi weisen, dass et absolut noutwendeg ass, dass mer verstärkt an d'Sécherheet am Verkéier investéieren. Wa mer also wëlle méi wäit goen, wéi dat bis elo de Fall war, da musse mer eis och déi néideg Instrumenter ginn, fir dat kënnen ze maachen. Déi Moosnamen, déi an dësem Projet de loi virgesi sinn, déi setze jo engersäits op d'Sensibilisierung an d'Formation, wat wichtig ass, an op där anerer Säit hu se awer och

ganz kloer e verstärkt repressive Charakter.

D'Chambre de Commerce an och de Statsrot hunn an hiren Avisë gemengt, déi Gesetzsännerung wier net néideg - et sinn elo och nach anerer hei zitéiert gi vu mengem Virriedner - an et géif duergoen, wann eis Uerdnungskräfte méi Kontrolle géife maachen an derfir suergen, dass dat bestehend Gesetz géif agehale ginn.

Mir sinn net där Meenung. Mir mengen éischer, dass ee béides muss maachen. Heefeg a systematesch Kontrollen, jo, fir dass jiddferéen, dee sech net un d'Verkéiersreglement hält, domat muss rechnen, dass hie bestrooft gëtt. Mä et ass och noutwendeg, méi ofschreckend Strofe virzegesi fir déi Chaufferen, deenen hiert Verhale lievensgeféierlech ass an déi sech selwer ofenbar där Situatioun net bewusst sinn.

Eng repressiv Politik ass sécher ni populär. Kee kritt gären e Protokoll. A bei systematesche Kontrollen trifft et och ganz oft Leit, déi der Meenung sinn, dass si eigentlech gutt géife fueren. Grad beim Alkohol ass dat jo e Phänömen, dee wäit verbreet ass. Grad am Zesammenhang mam Alkohol besteet jo d'Tendenz, seng eege Konditioun a seng eege Fahrtüchegkeet falsch anzuschätzen. Bekanntlech gehéiert dat jo zu de Wirkunge vum Alkohol; dat wësse mer alleguer. An dat gëllt besonnesch fir déi Leit, déi nach net iwwer 0,8 Promille leien.

Etüde beweisen - an déi sinn net aus der Welt ze rieden -, dass d'Fäegkeet, fir gutt Auto ze fueren, ab 0,5 Promille Alkohol am Blut scho reduzéiert ass. A gläichzäiteg ass dat och déi Limite, ab där d'Hemmungen, fir sech goen ze loossen, fir méi séier ze fueren, fir Risiken anzegoen, méi kleng ginn. Duerfir ass et och net verwonnerlech, dass bei Accidenter iwwerproportional vill Leit betraff sinn, déi Alkohol gedronk hunn.

Eigentlech dierft et jo guer keng Diskussioun sinn. Wa mer engersäits eng gréisstméiglech Sécherheet am Verkéier wëllen an de Vierdergrond setzen a wa mer akzeptéieren, dass et en direkte Lien gëtt tëschent der Aart a Weis wéi mer Auto fueren - eisem Verhalten am Verkéier - an der Consummation vum Alkohol, da läit et op der Hand, wat ze maachen ass, an da kann een eigentlech net wäit genuch goen.

Jiddferéen, deen am alkoholiséierten Zoustand Auto fiert, muss sech bewusst sinn, dass en a Kaf hält, sech selwer awer och aner onschëlleg Leit a Gefor ze bréngen. Dat Bewosstsinn, dat schéngt awer bei ganz ville Leit net do ze sinn. Esou huet eis Police am leschte Joer eleng 1.768 Verstéiss géint d'Bestëmmungen, wat den Alkoholkonsum ugeet, enregistriert. Duerfir ass den Usaz, fir vun 0,8 op 0,5 Promille erfzegoen, schonn dee richtigen.

Et geet hei net drëm, fir d'Chaufferen, déi emol e Patt ze vill gedronk hunn, ze kriminaliséieren. Et geet drëm, fir preventiv d'Risiken ze erkennen a fir preventiv d'Verhale vun de Chaufferen entspiechend unzepasen. Alkoholkonsum beeinträchtegt ganz kloer d'Fäegkeeten, déi ee brauch, fir Auto ze fueren, an erhéicht gläichzäiteg d'Bezeetschaft, Risiken anzegoen. D'Konzentratiouns- an d'Reaktionsfäegkeet léisst no. D'Selbstwäertgefill gëtt gesteigert. D'Wirkung vum Alkohol gëtt net méi adequat wouergeholl a virun allem net méi richtig beurteelt.

Scho bei 0,2 bis 0,3 Promille - soen d'Etüden - hält d'Opmierksamkeet of. A wat den Taux méi an d'Luucht geet, wat d'Reaktionszäiten ëmmer méi laang an d'Reaktiounen ëmmer méi ongenau ginn. Experte soen eis, dass de Risiko, en Accident ze provozéieren, scho bei 0,5 Promille duebel esou héich ass, wéi dat bei 0,0 Promille ass, bei 0,8 Promille 10-mol esou héich a bei 1,2 Promille scho 35-mol esou héich.

Här President, méi Kontrollen a méi en nid-dregen Alkoholtaux kënnen verschidde Leit elo vläicht virkomme wéi Schikanen. D'Erfahrungen, déi am Ausland gemaach goufen, weisen awer dättelech, dass dës Moosname berechtigt sinn, well se Mënscheliwe retten. Ech wëll nach eng Kéier op d'Zuelen hiweisen, déi ech d'éinescht am Rapport zitéiert hunn an déi mer aus Frankräich geliwwert kritt hunn. Vu 6.735 Chaufferen, déi am Joer 2005 an en Autosaccident mat Kierperschued verwickelt waren, haten 30% - 30%! - en Alkoholtaux, deen tëschent 0,5 an 0,8 Promille louch. An dëse Pourcentage louch bei 13,4% bei Accidenter mat Doudesfolleg.

Ech mengen, déi positiv Erfahrungen, déi eis Nopeschlänner mat deem Abaissement vum Taux d'alcoolémie gemaach hunn, a wou et schonn eng Rei vu Joren applicabel ass, bestätegen och d'Démarche vun dësem Projet de loi, fir eis Gesetzgebung ze änneren, fir d'Fueren ënnert dem Afloss och

vun iergendengen illegalen Drogen ze sanktionéieren. De Konsum vu bestëmmten illegalen Drogen ass leider wäit verbreet, besonnesch bei jonke Leit, déi owes erausginn. A leider loosse vill vun hinnen dann och den Auto net stoen.

Bei eisen Noperen am Saarland gouf scho virun e puer Joer eng geziilt Campaigne an dësem Beräich gemaach, déi bemierkenswäert Resultater bruecht huet. Esou huet zum Beispill vu Januar bis August 2000 d'Polizei d'Chauffere kontrolléiert, wa se ugeholl huet, dass se Droge geholl hätten. 489 Leit goufe gefrot, fir eng Urin-, eng Spaut- oder eng Schweessprouf ofzeginn. Mat enger Blutprouf goufen d'Resultater verifizéiert. Et huet sech erausgestallt, dass a 97% vun de Fäll d'Schnelltester dat richtige Resultat bruecht hunn.

Dat och nëmme fir déi Ängschten, déi den Ali Kaes an d'Feld gefouert huet, dass eventuell déi Apparater, déi den Dépistage maachen, net fiabel genuch wären, dass do haut scho vun der Industrie Apparater geliwwert ginn, déi fiabel Resultater weisen. Bei 107 Tester konnte souguer méi wéi eng Drogenaart nogewise ginn.

Mä wat nach méi interessant ass: D'Zuel vun den Autofuerer, déi hiert Liewe gelooss hunn, ass an der Altersgrupp vun den 18-bis 25-Jähregen am Joer 2000 am Verglach zum Joer virdrun ëm 68% zrëckgaangen. D'Zuel vun de Schwéierverletzten ass ëm 34% zrëckgaangen an d'Zuel vun de Lichtblesséierten ëm 29%, während am gesamte Bundesgebiit - dat war jo elo nëmmen d'Saarland - d'Zuel vun den Doudegen nëmmen ëm 2,8% zrëckgaangen ass. An och de Réckgang bei de Blesséierte war do vill méi niddreg.

Dës Resultater, mengen ech awer, weisen, dass, wann et ëm d'Verkéierssécherheet geet, d'Toleranz hei op der falscher Plaz ass. Egal ob et ëm d'Vitesse, ob et ëm den Alkohol, ob et ëm d'Droge geet, all Etüde weisen, dass d'Majoritéit vun de Leit d'Tendenz hunn, d'Geforen am Stroosseverkéier erfzespillen, hir eege Fäegkeeten iwwerschätzen an d'Risiken net realistesch aschätzen. Och de Statsrot an och d'Chambre de Commerce bestätegen eigentlech an hirem Avis dës Aschätzung, och wa se net iwwerzeegt sinn, dass déi Mesuren, déi elo geholl ginn, wierklech noutwendeg wieren.

Ech mengen awer, dass déi Zuelen, déi de Minister och der Chamberskommissioun virgeluecht huet - d'Statistiken aus dem Ausland -, eng kloer Sprooch schwätzen. Iwwerall do, wou den erlaabten Alkoholtaux op 0,5 Promille erfzogat gouf an d'Kontrollen och verstärkt goufen, ass d'Zuel vun de Leit, déi duerch Autosaccidenter blesséiert ginn oder ëm d'Liewe kommen, dättelech erfgaangen. Et wäert sécher net jiddferéen déi Ännerungen, déi elo kommen, hei gutt fannen; ech mengen, dat hu mer éinescht schonn héieren. Mä si sinn noutwendeg, wa mer eis Ziler am Beräich vun der Verkéierssécherheet wëllen erreechen.

Vläicht och nach ee Wuert zu de Stagen, déi am Kader vun dësem Gesetz elo sollen agefouert ginn. Dat ass eng sënnavoll pedagogesch Compositante, déi ganz wichteg ass. Ech wëll och drop hiweisen, dass och d'Sécurité routière esou Stagë schonn zënter dem Joer 2003 mat groussem Erfolg organiséiert an Zesummenaarbecht mam Bezierrgsgericht Lëtzebuerg. Vläicht ass et méiglech, déi Erfahrungen, déi schonn do gesammelt goufen, an der Praxis och elo op déi Stagen, déi hei am Gesetz virgesi sinn, ze iwwerdroen, fir do och qualitativ héichwäerteg Stagë kënnen ze organiséieren.

Niewent all deene Moosnamen, déi elo virgesi sinn, a verstärkte Polizeikontrollen - an dat ass och schonn hei gesot ginn, an dat därer een och net vergiessen, well et eng global Approche soll sinn -, muss awer weider och d'Haaptopmierksamkeet der Preventioun gëllen. Duerfir sinn - an do deelen ech och d'Meenung vu menger Virriedner - d'Informatiounscampagnen immens wichtig. D'Sensibilisierungscampagnë sinn immens wichtig.

Mä et muss och weider mat Konsequenz op alternativ Ugebueter am öffentlichen Transport gesat ginn. Systemer wéi den Night Rider, wéi de Ruff-Bus, de Flexibus, de Late Night Bus, wéi se alleguer heeschen, an déi alleguerten ofänken hire Wee ze maachen, Schoul maachen, sech duerchsetzen, déi musse weider dévolpéiert ginn. Och Taxien, déi elo éinescht hei schonn zu Diskussiounen gefouert hunn, kéinte wierklech eng valabel Alternativ sinn, speziell fir d'Jugend, wa se géife Präisser offréieren, déi méi sozial verträglech wieren, wéi et haut de Fall ass.

Bon. Dat alles gesot, Här President, wëll ech zum Schluss kommen, awer och ofschléissend, ier ech et vergiess hunn, d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn. Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Schreiner. Den Här Braz schwätzt fir d'Fraktioun vun deene Gréngen zu dësem Projet. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Schreiner. Den Här Braz schwätzt fir d'Fraktioun vun deene Gréngen zu dësem Projet. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Mir hunn alleguerten als Deputéierte gëschter an eiser Boite a Bréif gehat vun der Association des Victimes de la Route, déi eis nach eng Kéier ënnerstëtzt huet an där Démarche, déi mer haut eis appréteieren ze huelen, nämlech dëst Gesetz ze stëmmen. An dee Bréif, mengen ech, huet och all deenen, déi e gelies hunn, nach eng Kéier an Erënnerung geruff, dass déi vill Zuelen, vun deenen haut schonn hei geschwat ginn ass an déi beleeeën, wat d'Auswirkunge sinn, net nëmmen Zuele sinn, mä dass hannert deenen Zuelen och mënschlech Schicksaler stinn, an dass hannert deenen Zuelen och Nimm stinn.

D'Onsécherheet op de Stroossen ass e Faktor hei zu Lëtzebuerg, deen nach ëmmer ganz vill Misär iwwert d'Land an d'Famillje bréngt, deen awer och ganz vill Ongerechtegkeet beinhalt. Well et sinn net ëmmer déi,...

» Une voix.- Très bien!

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- ...déi de Feeler beginn, déi och Affer ginn, mä et si ganz oft Leit, déi selwer näischt falsch gemaach hunn.

Et ass also net nëmmen eng Saach vu Misär a vu mënschleche Schicksaler. Et ass och eng Saach vu Gerechtegkeet respektiv vun Ongerechtegkeet, ëm déi et haut geet. Dat soll een, wa mer doriwwer diskutéieren, och emol an Erënnerung ruffen, a vläicht kritt och dee ganz beléiften Ausdrock vum „Lëtzebuerger sengem léifste Kand“ - den Auto - op eemol en anere Geschmaach, en Nogeschmaach, e batteren Nogeschmaach. Et sollt ee vläicht, wann een deen Ausdrock gebraucht, dann net nëmmen déi eng Aspekter doranner gesinn, mä och déi Aspekter vu Misär a vun Ongerechtegkeet, déi leider och domadder zesummeginn.

Den Här Kaes huet virdru gesot, déi Debatt hei géif en e bëssen erënneren un d'Gesetz géint d'passiiv Fëmmen. Dat ass richtig. Dat ass e Gefill, wat mir och hunn. Déi hei Debatt erënnert och e bëssen un déi Debatt an der Aart a Weis, wéi se gefouert gëtt. Et gëtt och haut erëm gesot, et wär fir de Leit d'Dränke falsch ze maachen, dass ee kee Patt dierft huelen, dass een näischt méi beim lessen dierft drénken. Dat ass genau sou falsch, wéi wou bei der Debatt iwwert d'passiiv Fëmm gesot ginn ass, dass een elo wéilt de Leit d'Fëmm verbidden. Hei geet et och nëmmen dorëm, wéi bei där anerer Debatt,...

» Une voix.- Très bien!

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- ...ze verhënneren, dass d'Konsequenze vum ee-gene private Behuelen op anerer ausgeweit ginn. Hei geet et net dorëms, ob een dréinkt oder net. Et geet dorëms, dass, wann een de Choix geholl huet fir sech, an dat bleift jiddferengem säi Choix, ze drénken, een da fairerweis drop verzicht, d'Konsequenzen dovunner anerer droen ze loossen an dann einfach nëmmen drop verzicht, Auto ze fueren. Dorëms geet et! Oder drop verzicht, selwer Auto ze fueren doduerch, dass een ee bei sech huet, deen ee begleet. Doduerch, dass ee mam öffentlichen Transport fiert. Doduerch, dass ee mam Taxi fiert. Dorëms geet et!

Et geet net dorëms, de Leit falsch ze maachen, wéi vill a wéi oft se sollen drénken - quitte dass een och dozou eng Meenung soll hunn an dass een och sech do un anere Beispiller aus dem Ausland kann inspiréieren, wéi a Frankräich, déi an dëser Matière eis am Moment ganz viles virmaachen, wou et scho laang üblech ass, dass an der Publicitéit fir Alkohol den obligatoresch Saz hannendrugheange gëtt: Mä maacht et mat Mooss!

Et ass och a Frankräich üblech, dass, wann ee Publicitéit mécht fir Nahrungsmittelen, déi vläicht net déi allergesondst sinn, een hannendrun och obligatoresch muss soen: Denkt och drun, Uebst a Geméis ze iessen. Do si mer vläicht nach e bëssen hannendrun, mä trotzdem soll een d'Debatt rezentéieren. Dorëms geet et net. Et geet net ëm d'Dränken, et geet ëm d'Autofueren. Dat ass den Enjeu vun der Diskussioun, déi mer haut féieren. Déi Virremarque wollt mer awer maachen.

Duerfir fanne mer och, dass dat, wat de vi-regten Transportminister - net den Här Grethen, deen aneren, den Här Goebbels -



virun e puer Deeg am „Tageblatt“ vu sech ginn huet, eigentlech komplett irresponsabel ass, well et einfach falsch ass, wat hie schreift.

**» Une voix.**- Très bien!

**» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).**- Et si falsch Zuelen. Et stëmmt net, wat hie schreift. Et ass beluecht, dass et och an der Onfallstatistik en Ënnerscheed gëtt tëschent 0,5 an 0,8 Promille. Dat ass esou. Den Här Goebbels niéiert dat. D'un revers de la main gëtt dat einfach falsch gemaach.

*(Interruptions)*

Hätt d'DP eng Fraktiounsmeenung zu dëser Fro, dann hätten ech hir elo gratuléiert zu engem weideren Europadeputéierten. Vu dass awer d'DP keng Fraktiounsmeenung huet, muss ech der ADR gratuléieren zu hirem éischten Europadeputéierten, well déi wäert herno geschlosse géint dat Gesetz stëmmen, an den Här Goebbels a si kënnen sech dann elo op där doter Fro iwwer vill Gemeinsamkeete freeën.

*(Interruptions)*

**» M. Gast Gibéryen (ADR).**- Bei eis ass kee Fraktiounszwang a mir si ganz kriddelech mat neie Memberen!

*(Hilarité)*

**» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).**- Ech wollt dat elo just soen, Här Gibéryen, et steet lech natierlech fräi, den Här Goebbels opzehuelen oder net.

*(Interruptions diverses)*

Et ass och eng vun deene Matièreen, iwwert déi vill diskutéiert gëtt, ob mer dann elo sollen erofgoen op 0,5 oder net, wéi beim Tubaksgesetz. Et ass awer och eng vun deene Matièreen, wou, wann et bis eng Kéier beschloss ass, ni méi een op de Gedanke wäert kommen ze probéieren, Argumenter dofir ze fannen, fir et nees réckgängeg ze maachen. Dat behaapte mer haut. Wann dat heite bis haut votéiert ass, da wäert et an der Lëtzebuerger politescher Landschaft ni méi eng Initiativ gi vun iergendengem, fir ze soen: Solle mer dat net erëm réckgängeg maachen an nees erëm erlaben, méi ze drénken? Déi Wett si mer haut bereet anzegoen.

Et gehéiert zu deene ville Sujeten, déi hefteg ëmstridde sinn. Mä eemol votéiert si se en definitiven Acquis, an et wäert kee méi esou onvernünfteg sinn, Argumenter wëllen zesummenzerafen, fir d'Leit dobaussen ze iwwerzeegen, dass een dat erëm misst falsch maachen.

Den Här Goebbels seet, dass elo vill onbescholtte Bierger missten an Zukunft mam Stempel vum Sëffer - fir säin Ausdrock ze iwwerhuelen - duerch d'Land lafen. An hie seet, dass haaptsächlech Leit, déi notoresch drénken, problematesch wieren, an hie seet, fir déi Leit, déi notoresch drénken, wäert dëst Gesetz näischt änneren. Och dat ass eng Sachonkenntnis. Well et sinn net déi notoresch Alkoholiker eleng, déi Misär schafen. Et ass leider vill méi oft de Fall, dass Leit, déi emol e Patt ze vill gedronk hunn an dann nawell Auto fueren, an Accidenter verwéckelt ginn.

Wären et nëmmen déi notoresch Alkoholiker, déi géifen Accidenter provozéieren, da wier et jo einfach. Da wier et einfach, dem Problem bäizekommen. Dat ass leider net de Fall, mä et ass dat, wat jiddferengem emol ka geschéien, dass hien, wann hien e Patt ze vill gedronk huet, sech awer nach sécher genuch spiert, fir de Wee heem unzetrieden, dann an en Accident verwéckelt gëtt, dat fir hie selwer Misär bréngt an eben och fir Leit, déi näischt domadder ze dinn haten, dass ee selwer e Patt ze vill gedronk huet. Duerfir ass et net egal, wann ee probéiert an der Breet vun der Populatioun aktiv ze ginn an ze sensibiliséieren, an et ass falsch ze mengen, et wär nëmmen e Problem vun e puer extreme Leit.

Den Här Bettel wëllt eng Fro stellen.

**» M. Xavier Bettel (DP).**- Ech wollt just froen, den Här Braz sot, wann et notoire Alkoholiker wieren, wier et vill méi einfach, wat hien domadder mengt.

**» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).**- Da wär et e Problem vu ganz wéinege Leit, Här Bettel.

*(Interruptions)*

Majo, méi ass et net. Wann et e Problem wär vu ganz wéinege Leit an dësem Land, wann nëmmen Leit als notoresch Alkoholiker Problemer géife schafen am Verkéier, dann hätte mer net vill Leit, déi e Problem schafen. De Problem ass awer just, dass et geenee dat net ass, dass jiddferee vun eis kann, wann en e Patt gedronk huet an hantert dem Lenkrad sëtzt, an esou eng Situa-

tioun erageroden. Duerfir ass et vill méi komplizéiert, an et ass net e cibléierte Problem vun e puer Leit, et ass leider e generale Problem, mat deem mer eis musse befaassen.

Eng weider Remarque, déi mer wëlle maachen, ass, dass et natierlech net esou ass, wéi wann dat hei elo déi eenzeg Mesure wier. Och dat soll een aus de Féiss loossen. Et gëtt och e bësse gemaach, wéi wann elo allen Eeschtens géif dru gegleeft ginn, dass mat dësem Gesetz all Problemer geléist wieren. Och dat schreift den Här Goebbels. Och dat ass falsch. Ma natierlech ass dat net de Fall.

Et ass eng Mesure ënner aneren. Mir hunn dat an der Kommissioun scho gesot a soen et duerfir och hei nach eng Kéier dem Transportminister, dee vläicht mat sengem Kolleeg Minister vun der Force publique sech och doriwwer misst ënnerhalen, dass mer natierlech och mussen déi aner Gesetzgebung, déi mer schonn hunn, net verschäerfen, mä et geet duer, wa mer se géifen applizéiert kréien, dass och do d'Police e Rôle huet, net nëmmen am Beräich vun den Alkoholkontrollen, mä am Beräich vun de Vitessen.

Mir maache verstärkt Kontrollen an der leschter Zäit, och schonn ënnert dem Här Minister Grethen. Hien hat dat ugefaangen, dat wëlle mer fairerweis och rappeléieren. Mä wa mer et och géife fäerdeg bréngen, dass mer am Respekt vun de Vitessen op eise Stroosse géife wesentlech weiderkommen, hätte mer immens vill geschafft am Sënn vun der Verkéierssécherheet.

Mir mussen net iwwerall d'Gesetzer verschäerfen. Op deene meeschte Punkte géif et duergoen, wa mer et géife fäerdeg bréngen, d'Gesetzer respektéiert ze kréien. Dat ass och en Encouragement un d'Regierung, och do méi geziilt, net mat der Strenz, net blann, mä geziilt Presenz ze weisen an derfir ze suergen, och do, wou Leit sinn, och do, wou Foussgänger sinn, net nëmmen iwwer Land, mä och an de Stied Presenz ze weisen am Beräich vun de Vitessen a wierkelech do och ze probéieren, de Problem erofgedréckt ze kréien.

Doriwwer eraus gëtt et och nach aner Efforten, déi musse gemaach ginn. Natierlech geet et och ëm méi sécher Stroossen. Och do si Fortschrëtter nach ze maachen. Och do gëtt et aner Länner, déi eis weisen, wéi een dat ka verbessern. Natierlech wäert och d'Sécherheet vun den Autoe weiderhin e positive Facteur spillen. Et ass kee Mënsch, dee behaapt, et wär nëmmen duerch d'Gesetzer, dass mer et géifen an de Grëff kréien. Et ass e Fait, dass déi verbessert Technik vun den Autoen eis Fortschrëtter bruecht huet.

Mesuren am Beräich vun der Vitesse. Mesuren am Beräich vum Droe vum Gurt, notament bei Kanner. Dat schéngt bei den Erwuessene mëttlerweil relativ breet akzeptéiert ze sinn. Relativ verheerend ass et nach ëmmer, wann ee kuckt, wéi Eltere mat Kanner am Auto ëmginn, wéi wéineg oft d'Kanner op den hënneschte Plazen ugestréckt ginn, wéi wéineg dass déi Kannersëtzer, wa se der hunn, richtig benotzt ginn, wat och un de Kannersëtzer läit. Och do sinn nach technesch daitlech Fortschrëtter ze maachen.

Dat gesäit een ëmmer nees bei den Tester, déi gemaach ginn, beispillsweis vum ADAC, dass se nach ëmmer ganz staark mangelhaft sinn. Och do sinn nach grouss Efforten ze maachen an déi leien net am Beräich vun der Repressioun. Dat sinn Efforten, déi musse gemaach ginn am Beräich vun der Sensibiliséierung, vun der Informatioun vun de Leit, an och do ass nach eng ganz grouss Kaart, déi kann ausgespillt ginn.

Den Här Grethen huet op eng Etüd virdru verweisen aus dem Utah, mam Verweis do robber, dass Handyen e staarkt Oflenkungspotenzial hunn, dass dat dës Mesure géif falsch maachen.

**» M. Henri Grethen (DP).**- Dir verdréint eis Wieder, Här Braz.

**» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).**- Här Grethen, mir kënnen gär preziséieren.

**» M. le Président.**- Här Braz, den Här Grethen mengt, Dir sollt lech méi daitlech ausdrécken.

**» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).**- Da maachen ech dat.

Den Här Grethen huet mat Verweis op déi Etüd vum Utah gesot, dat hätten jo dann en daitlech méi héicht Oflenkungspotenzial wéi den Alkohol, och bei 0,8 Promille, an huet dann dofir plädéiert, wann ech en da richtig verstanen hunn, fir sech och mat där doter Fro méi streng ze beschäftegen. Dir hutt

jo gesot, wann déi Etüd richtig ass, an do runner géift Der net zweifelen - elo zitéieren ech lech mot par mot :- „Wann déi Etüd richtig ass“ - an Dir géift net dorunner zweifelen - „misst ee sech seriö domadder beschäftegen.“ Et ass also en Encouragement fir an déi dote Richtung och Mesuren ze ënnerhuelen.

Ech wëll just soen, Här Grethen, dass ech et eigentlech net gutt fannen, wann Der déi eng an déi aner Mesurë matenaner wëllt opweien. Wann et esou ass, wéi Dir sot, an déi Etüd hätten Recht, ma da stellt lech vir, am Moment hu mer eng Gesetzgebung, déi erlaabt, dass ee béides ka parallell maachen, mat 0,8 Promille Auto fueren a sech vum Handy oflenke loossen. Wann dat esou ass, wéi Dir sot mat där Etüd, ass dat dann net och e weidert Argument fir ze soen: Da kommt, mir kucken dat méi streng an erlaben de Cumul vun deene Geforepotenzialer net méi, da musse mer méi selektiv ginn an deene Geforepotenzialer? Grad dat ass dach en Argument dofir, dass, wann dat schonn aus enger Rei vu Grënn toleréiert gëtt, mer bei der Alkoholgrenz, déi toleréiert gëtt, vläicht e bësse méi regardant misste sinn.

Et gëtt an dëser Matière och keng Wonnermesure. Et geet net duer ze soen, mir ginn op 0,5 erof an da wär all Problem geléist. Et geet an dëser Matière, wéi an deenen allermeeschten, eigentlech ëm de Cumul vu Mesuren, déi een ergräift, sief et bei der Responsabiliséierung, wann ee gedronk huet an net soll Auto fueren, sief et am Beräich vun der Vitesse, sief et am Beräich vun der passiver Sécherheet, sief et am Beräich vum Usage vum Handy, dass de Cumul, de richtigen Dosage an Usage vun deenen eenzelne Saachen et wäerte weiderhi fäerdeg bréngen, dass mer an der Verkéierssécherheet virukommen. Et soll een déi Mesuren eigentlech net mateneen opweien, mä et soll ee se zesummebréngen an an deem dote Sënn wierkelech probéiere virunzekommen.

Ech profitéiere vun dësem Projet fir dem Minister zwou Froen ze stellen, déi och an de Beräich vun der Verkéierssécherheet eraginn. Mir wäre frou, wann de Minister eis herno a senger Äntwert kéint erläuteren, wou mer haut zu Lëtzebuerg drusinn an de Reflexiounen mat de Radaren op de Stroossen, permanente respektiv temporären.

Mir wären och frou, wann de Minister nach eng Kéier kéint agoen op d'Problematik vun de Gurten an de Bussen, ob do och Initiative vun der Regierung geplangt sinn an den nächste Wochen a Méint - ënner Verweis natierlech op deen dramateschen Accident, awer net nëmmen. Do wäre mer och frou, eng Äntwert vun der Regierung ze kréien.

Eng aner Remarque fir ze soen, dass mer jo haut driwwer schwätzen, ob 0,5 Promille net scho vläicht ze vill wär. Ech wëll just rappeléieren, dass et net méi al ass wéi zwee Deeg, dass a Frankräich déi zoustänneg national Kommissioun, déi sech mat dëse Froe beschäftegt, amgaang ass ganz seriö ze planchéieren op der Fro, ob et net misst 0,2 Promille sinn. Ob dat, wat mir hei fir verschidde Gruppen an d'Gesetz wëllen aschreiwen, a Frankräich net misst generaliséiert ginn.

D'Fransouse si jo europawäit bestëmmt net dofir bekannt, déi Leit ze sinn, déi sech am léifste wëlle mat Regeln ufrënnen. Et ass éischter de Contraire. An an deem Land, wat amgaang ass eis an dëser Matière ganz villes virzemaachen, si se am Moment amgaang seriö driwwer nozedenken, well déi déi Etapp vun 0,5 Promille schonn hanneru sech hunn, ob net dat dee richtege Wee wär.

An och bei 0,2 Promille ass d'Argument dann net, dass een de Leit wëllt verbidden e Patt huelen ze goen oder eppes z'iessen. Mä och do ass et just d'Argument, dass een de Leit seet: „Maacht dat roueg. Mä wann Der et maacht, genéisst et a bréngt lech an anerer duerno net a Schwieregkeeten do-duerch, dass Der dann och nach mengt, Dir misst Auto fueren, wann Der dat dote gemaach hutt.“

Mä do gesäit een, wou d'Richtung higeet an Europa, an deene Länner, déi sech seriö domadder beschäftegen. Bestëmmt net an déi Richtung, an déi den Här Goebbels eis mat sengem Bréif wollt zwee Deeg virum Vote nach eng Kéier bréngen. Den Trend ass déi aner Direktioun an déi gëtt ëmmer méi seriö och befollegt.

Aner Remarque: Den Här Grethen huet och als viregten Transportminister gesot, et géife keng Zuele ginn, déi déi dote Saache géife beleeeën. Et pour cause, et gëtt keng national Zuelen. Dorunner dréit den Här Minister Grethen awer och vläicht e Stéck Responsabilitéit. Mir hunn effektiv an där doter Matière wéineg statistesch Material. Dat ass net gutt, wann et esou ass. Déi Zuelen, mat

deene geschafft gëtt an dësem Dossier, sinn Zuelen, déi d'Regierung aus aneren europäesche Länner huet, respektiv europäesch Zuelen, déi awer ganz kloer beleeeën...

**» M. le Président.**- Här Braz, erlaabt Der eng Tëschefro vum Här Grethen?

**» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).**- Selbstverständlich!

**» M. Henri Grethen (DP).**- Här President, den Här Braz ass jo e léiwe Mann!

*(Hilarité)*

Hien ass elo awer amgaangen et hei e bësse bont ze dreiwen. Engem Transportminister, egal wat fir engem, d'Responsabilitéit ze ginn, dass et keng Statistiken iwwert den Alkohol um Steier gëtt!

Et gëtt der am repressiven Deel, mä wann een dem Här Braz seng Ausféierunge géif richtig ëmsetzen, da misst ee jiddfreen, zum Beispill wann den Här Braz mat sengem Auto - well hie fiert jo och net ëmmer mam öffentlechen Transport - doheem fort-fiirt, schonn eng Kéier blose loossen, a wann en heemkënnt nach eng Kéier, an dertëschent nach e puermol.

*(Interruptions)*

Da kéint een ëm och eppes abauen, dat permanent géif säin Taux iergendwéi iwwer e Sender iwwermëttelen. Dat do sinn esou populistesch Argumenter!

Här President, et ass eigentlech net derwäert, dass ech mech opregen.

*(Interruptions et hilarité)*

**» M. le Président.**- Här Braz, fuert Dir weider!

**» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).**- Ech wëll dem Här Grethen trotzdeem seriö äntwerthen, och wa seng Interventioun dat häerzlech wéineg war.

Wat ech domadder gemengt hunn, Här Grethen, ass natierlech net dat doten. Kommt mer haken dat do als bessere Cabaret of - vläicht och net.

Wat ech domadder wëll soen, ass, dass et keng Zuelen doriwwer gëtt an der Unfallstatistik, well mer déi hei zu Lëtzebuerg nach ni seriö notéiert hunn. Ech hunn eigentlech gemengt, Dir géift mer elo soen, als Transportminister wäert Der net dofir zoustänneg. Mä Dir waart och nach Wirtschaftsminister an à ce titre och nach fir de Statec responsabel. Dir hätten also problemlos kënnen, Här Grethen, an Ärer viregter Fonction als Minister, derfir suergen, dass et seriö Unfallstatistike gëtt, déi och d'Unfallursaache statistesch erfassen. An dat hu mer net.

Dat ass esou, an dorunner ännert och Är Remarque, Här Grethen, näischt.

**» M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech hunn awer elo d'Gefill, den Här Grethen an den Här Braz géifen dat gär zesumme maachen!

*(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)*

**» M. Henri Grethen (DP).**- Här President, ech wollt dem Här Gibéryen soen: Da sinn ech net méi derbäi!

*(Hilarité)*

**» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).**- Dat eent erkläert och vläicht dat anert, gell?!!

**» Plusieurs voix.**- Oooohhh!

**» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).**- Mä soss ass den Här Grethen awer och e feine Mann, ech ginn ëm dat gär zréck.

*(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)*

Ech ginn och dovun aus, dass de Minister Lux herno nach wäert e bësse méi seriö op déi mangelnd statistesch Donnéeë agoen. Well mir mussen dofir ëmmer mat Zuelen operéieren aus anere Länner. Mir sinn der Meenung, dass een och mat nationalen Zuelen eng ganz Partie Saache kéint beleeeën.

Zwou lescht Remarquen, fir nach op zwee Punkten anzegoen. Wann een op dëse Wee



geet, da mussen natierlech och d'Alternative klappen, dass d'Leit Alternativen hunn. Déi eng kënnen sech e Chauffeur leeschten, net allegueren. Awer Leit mussen kucken een ze iwwerzeegen, deen dann de Chauffeur fir den Owend ass, deen dann näischt drénkt. Et ass e flotte Modell, deen och vun de Leit ugewannt gëtt. Deen ass ugehall, dat funktionéiert.

Et gëtt nach zwou aner Mesuren, dass een am Beräich vum öffentlechen Transport och zu spéiderer Stonn probéiert, vläicht méi geziiltene Angeboter wéi den Night Rider wierklech ze ënnerstëtzen, an et muss ee sech awer och mat der Fro beschäftegen effektiv vun den Tarifer bei den Taxien. Do muss ech dann erëm eng Käier den Här Grethen zitieren, deen den Här Kaes e Bësse wollt op de Réck leeën mat senger Fro, ob dat dann nëmmen op d'Käschte muss goe vun de Paien.

Ech mengen, déi richteg Äntwert op déi Fro ass Neen. Et kann een och bei anere Saachen aspueren. Et kann een aspuere beim rullende Material, dat agesat gëtt zu bestëmmten Zäiten. Do si ganz vill Aspuerpotenzialer. Dat muss net ëmmer déi deierste Limousine sinn. Do kann ee ganz vill Käschte spueren.

D'Diskussiounen ronderëm den Eenheitsstatut weisen eis et jo: Et kann ee sech och nach aner Saachen afale loossen, fir eng bestëmmte Leeschtung net ze verdeieren, ouni dass dofir ee vun deenen, déi fir Loun a Gehalt schaffen ginn, och nëmme muss een Cent manner a senger Pai hunn.

Wann een also e Bësse kreativ ass an net just stëppeleg, da fënnt een och do Solutionen. An deem dote Sënn bréngen ech dann d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu deem Projet de loi.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

» M. le Président.- Merci, Här Braz. Fir d'ADR huet den Här Mehlen d'Wuert gefrot.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Merci, Här President. Merci och un de Rapporteur.

De Projet, dee mer virleien hunn, ass e Gesetz mat villen Dispositionen. Déi, déi awer de Moment haaptsächlech diskutéiert gëtt, ass dat vum Erofsetze vum erlaabten Alkoholpegel, wann ee Conducteur net nëmme vun engem Gefier, mä souguer vun engem Déier ass oder wann een als Foussgänger ënnerwee ass.

Ech ka mer och do eng kleng Remarque net erspueren. Hei steet: «(...) tout conducteur d'un véhicule ou d'un animal, ainsi que tout piéton impliqué dans un accident», tout simplement. Dat heescht, wann ech dat richteg interpretéiert hunn, wann den Noper mech invitéiert huet a mir hu vläicht e Patt méi gedronk, wéi dat erlaabt ass, an ech ginn zu Fouss iwwert den Trottoir heem, an dann hëlt ee mech mam Auto...

(Coups de cloche de la Présidence)

» M. le Président.- Wann déi Gréng wellen eng Fraktiounssitzung halen, da gëtt et aner Raim duerfir wéi hei d'Plénière!

(Interruption)

Neen, et ass awer schwiereg, schonn de ganze Moien!

(Interruption)

» M. Robert Mehlen (ADR).- ...dann ass souguer dee Foussgänger, dee fein um Trottoir heemgeet, fautif. Ech weess net, ob dat vun der Regierung gewollt war. Et kënnt mer op jidde Fall e Bësse komesch vir. Ech wäert mech dofir aus Zäitgrënn op dee Vollet Alkohol um Volant beschränken.

Här President, d'Sécherheet am Verkéier läit eis alleguer um Häerz. Dat steet ausser Diskussioun. All Accident ass een Accident ze vill, an och mir sinn d'accord, dass een all Efortë muss maachen, fir d'Zuel vun den Accidenter esou niddreg wéi méiglech ze halen.

Wa mer Ursaachefuerschung bedreiwen, da gesi mer, dass d'Ursaache ganz verschidde sinn. D'Initialursaache bleiwen awer ganz dacks onerkannt. Ech wollt der hei e puer opzielen. Et gëtt der, op déi de Mënsch keen Afloss huet, dass ass technesch Versoen. Dat kënnt relativ selte vir, d'Kollisioun mat Wäld oder aneren Déieren,

onverhofft Glatäis oder Bulli op der Strooss an esou weider. Wéi gesot, dass ass relativ rar.

Meeschtens, bal ëmmer ass et mënschlecht Versoen. Ech wollt der do eng Partie opzielen. D'Onerfuerenheet vu Chaufferen, d'Selbstüberschätzung, dass ass énescht och schonn hei gesot ginn. D'Angebortum bei Jonken, déi d'Stroossen heiansdo mat der Formel 1 verwieselen. Prässéiert sinn, am Stress sinn, Roserei am Leif hunn. D'Sensibilitéit op Vollmound gëtt mer vun der Gendarmerie oder vun der Police an der Protection civile gesot. Dann - an den Här Grethen huet zu Recht heipog higeuweisen - d'Oflenkung vum Chauffeur, telefonéieren oder nëmmen d'Gespräch mat engem, dee mat am Auto setzt.

E ganz schwierege Faktor, d'Middegkeet um Volant. Dann d'Influenz vu Berouegungsmëttel - a mir hunn deslescht hei doriwwer diskutéiert, d'Lëtzebuerger si bal Champion doranner - oder Medikamenter, déi d'Reaktionsfäegkeet erofsetzen. D'Influenz vun Drogen, dat hu mer jo elo och deelweis am Gesetz, d'Influenz vun Alkohol. Limitéiert Capacitéit doduerch, dass engem onwuel ass, doduerch, dass ee krank ass. Limitéiert Capacitéit duerch dee ganz normalen Alterungsprozess.

Här President, et gëtt der sécher nach eng Partie. Mir gesinn, dass et net méiglech ass, sämtlech Risikofacturen ze eliminéieren, soss hätte mer keng Accidenter méi oder et dierften der am Prinzip net méi vill op der Strooss fueren. An deemem Projet konzentrierte mer eis op den Alkohol an d'Drogen.

Awer Facturen, déi wesentlech méi e grousst Geforepotenzial a sech droen, ginn net gekuckt, an ech kommen nach eng Käier op d'Middegkeet zréck. Si ass eng vun den Haaptursaachen, wann net déi geféierlechst, eiser Meenung no. D'Buschauffere gi streng kontrolléiert. Den normale Chauffeur net. Deen ass awer gradesou gutt op der Strooss ënnerwee, wéi deen aneren. Wat heescht dat? Datt et eis ni gelänge wäert, all Risikofacturen auszuschalten.

Ass een, dee mat 0,6 Promille firt, méi geféierlech, wéi een, deen doudmatt ënnerwee ass? Ganz sécher net! Dierfen eeler Leit och net méi fueren, well hir Reaktionsfäegkeet am Alter ofhëlt, wéi dat beim Konsum vun Alkohol festgestallt soll gi sinn? Wéi ass et mat deene Villen, déi hei zu Lëtzebuerg regelméisseg Berouegungsmëttel huelen? Mir gesinn, dass mer eis do op engem ganz schwierigen Terrain bewegen an all déi Facturen do ni wäerten an de Grëff kréien.

Fazit: Mat Repressioun a Kontrollen eleng ass dee Problem net an de Grëff ze kréien. Hei ass virun allem déi perséinlech Responsabilitéit gefuerdert, an zwar an allen Hallsichten. Duerch d'Erofsetze vum Seuil légal d'alcoolémie vun 0,8 op 0,5 Promille gëtt praktesch näischt beweegt. Et gëtt der wahrscheinlech méi, déi bei den Alkoholkontrollen iwwert der Limite leien, ouni dass sech awer vill ännert.

Där Meenung ass jo iwweralls och de Conseil d'État, dee bedauert, dass dat net méi beluecht gëtt, an deen och éischter dofir plädéiert, fir méi Kontrollen ze maachen, fir déi wierklech Schëlleg, nämlech déi, déi vill ze vill gedronk hunn, kënnen ze huelen a se aus dem Verkéier ze zéien.

De Conseil national de la sécurité routière a Frankräich - an dat si jo Leit, déi sech professionell domat beschäftegen -, déi soen datselwecht: «L'implication de l'alcool dans les accidents de la route est un phénomène surtout d'alcoolisation forte, puisque la moyenne des taux mesurés dans les accidents corporels ces dernières années est de 1,7 g/l.»

An da komme se mat der Statistik, 48% hu guer näischt gedronk bei deenen, wou et Doudeger ginn. 7,2% leien tëschent 0 an 0,2 Promille. 3,7% leien tëschent 0,2 an 0,5 Promille. Déi, vun deene mir elo schwätzen, déi tëschent 0,5 an 0,8 Promille, do sinn der 2,9%, an da gesäit een, dass et relativ staark eropgeet, 9,4%, 8,8%, an dann déi iwwer 2 Promille, do 20%. Ech weess och net, ob d'Iwwerleeung richteg ass, fir ze soen, ëmmer dann, wann en Accident geschitt an et ass e Bëssen Alkohol am Spill, et war den Alkohol, dee schold war, well wann déi Logik richteg wär, dann dierften déi 48%, déi guer net gedronk hunn, och keen Accident provozéieren.

A Kanada gëtt et e Professer, deen huet sech och domat ofginn, dee baséiert sech op Chiffere vun enger Assurancegesellschaft, déi dat méi am Detail gekuckt huet, déi seet, dass déi Kategorie manner wéi 1% vun den Accidenter provozéiert hätt. Par contre déi, déi iwwer 0,8 Promille leien, hätten 38% provozéiert. Seng Konklusioun ass «abaisser le taux légal d'alcoolémie» - op 0,5 - «ne produirait donc aucun effet mesu-

vable sur le nombre ou la gravité des accidents de la circulation». Dir gesitt, wéi d'Meenungen ausereene ginn. Den Här Grethen huet hei löblecherweis aus engem Rapport zitéiert, deen zu Lëtzebuerg opgrond vu senger Demande gemaach ginn ass.

Här President, ech kommen zum Schluss. Den Här Goebbels, mat deem ech och net ëmmer esou frou sinn, huet a sengem mémorablen Artikel, ech zitieren de Schluss, geschriwwen:...

(Interruption)

...„Doch die repressivsten Gesetze werden nicht jeden Unfallfaktor ausmerzen. Es wird nie null Risiko in unserer Gesellschaft geben. Dennoch gefällt die Politik sich in immer mehr Verboten. Der Paragraphenschwungel wird immer dichter. Die Freiräume der Gesellschaft werden moralisierend eingeengt.“

Dat ass d'Tendenz vun dëser Regierung. Dat ass eng Tendenz, déi mir aus deene Grënn, déi ech elo ugefouert hunn, net kënnen matdroen. Mir hu kee Fraktiounszwang, Här President. Bei eis wäert jidderee stëmmen, wéi hie wëllt, mä esou wéi ech gesinn, wäerte mir dat hei net matdroen.

Ech soen Iech Merci.

» M. Gast Gibéryen (ADR).- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Den Här Jaerling kritt nach d'Wuert.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Bei mir stëmmt och jiddereen, wéi hie wëllt!

Här President, dem Här Rapporteur selbstverständlech Merci.

A kuerze Wieder: „Alkohol und Nikotin, rafft die halbe Menschheit hin! Doch nach gutem alten Brauch, stirbt die andere Hälfte auch!“ Dat ass eben d'Fatalitéit vun deem Ganzen.

(Brouhaha général)

Et fänt u verdächtig ze ginn, well wéi de Gesondheitsminister opgehalen huet mat fëmmen, du krute mer en Antifëmm-Gesetz. Elo wäert den Transportminister jo awer net opgehalen hu mat drénken, well mer elo en neit Antipromille-Gesetz kréien. Well wann dat de Fall sollt sinn, dann hoffen ech awer vu menger Sait aus staark, dass elo net nach een an der Regierung ufänt Regime ze halen.

(Hilarité)

Wann dëst Gesetz a Kraaft trëtt, da kann dat dramatesch Konsequenzen am normale Liewenslaf kréien, well den Alkohol, deen ass ganz hannerlëschtgeg - ech weess vu wat ech schwätzen - a ka sech iwwerall verstoppen. Dann dierfe mir léif Männer eiser gudder léiwer Fra jo emol keng „Mon chéri“ méi schenken a keng Rummkichelcher, well se soss riskéieren, wa se déi dann inhaléiert hunn, gepëtzt ze ginn.

(Hilarité)

An dann dierfen eis gutt léif Fraen, wann dat Gesetz hei duerch ass, emol kee roude Wäi méi benotzen, fir d'Fleesch anzebeezzen, soss leie mer iwwer 0,5 Promille, ouni et emol ze mierken.

An d'Paschtéier,...

» Plusieurs voix.- Aaahhh!!!

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- ...déi dierfen och no enger Mass net méi mat hirem Auto dann nach op e Begräfnis fueren, och wa se Waasser an de Wäi schëdden.

(Hilarité)

Et dierf een also net méi fueren, wann een en Apéritif, e Patt Wäin an en Digestif gedronk huet. Da soll een anere fueren, et soll een en Taxi huelen oder nuets den Night Rider benotzen. Mä mat deem niddrege Promillentaux, deen elo nach erlaabt ass, dierf een déi dann awer op kee Fall méi unhauen, soss sinn déi och fälleg.

(Hilarité)

Här President, ech verstinn awer voll a ganz d'Beméiunge vun den Autoritéiten an och vun der Regierung, fir all Moyenen anzesetzen, fir d'Accidenter ze verhënneren, déi duerch den Alkoholkonsum provozéiert ginn. Ech kann awer net novollzéien, dass d'Erofsetze vum Promillentaux eppes um Verhale vu Vereenzelter ännere soll, well déi meescht Leit si verantwortungsbewusst genuch, fir ze wëssen, wéini dass se fueren dierfen a wéini net.

Anerer, déi sech och elo schonn net un déi aktuell Bestëmmung gehalen hunn, wäerten dat och héchstwahrscheinlech an Zukunft net maachen. Dat Eenzege, wat se riskéieren, si méi héich Strofen. Ob se op Drock dovunner awer méi verantwortungsbewusst

ginn, ass ze bezweifelen. Mä wa mer awer der Meenung sinn, dass mer och nëmmen een Accident kënnen doduerch verhënneren, da solle mer dee Wee hei goen. Déi verantwortungsbewusst Bierger, déi wäerten dat sécherlech verstoen.

Ech soen Iech Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Minister Lucien Lux.

» M. Lucien Lux, Ministre des Transports.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Problem vum Alkohol am Verkéier an déi vill Zuelen, déi mer de Moien héieren hunn, ass definitiv net maîtriséiert. Duerfir ass dëse Projet e Projet géint d'Fatalitéit vu Misär a Leed, déi mer all Dag an all Woch op eise Stroossen hei am Land an och doriwwer eraus erliwen.

Esou wéi mäi Virgänger et hei scho gesot huet, ass dat fir dee jeeweilegen Transportminister keng Fro vu beléift oder net beléift domadder ginn. Et ass eng Fro vun der verdammter Flicht a Schëllegkeet, déi een huet, fir alles ze maachen, fir derfir ze suergen, dass mer manner Doudeger a Verletzter am Verkéier hunn.

Ech kann Iech soen - an ech mengen, hien huet et och hei ausgedréckt -, dass dat scho weinst där Verantwortung, déi een huet, heiansdo eppes ass, wat een all Dag, a virun allem méindes nom Weekend, ganz perséinlech touchéiert, och an der Hoffnung, alles ze maachen, fir dass mer d'Ursaachen, déi ganz facettéirich sinn, verschicken ze attackéieren, fir dass mer eng méi befriedet Situation op de Stroosse kréien, wéi déi, déi mer haut hunn.

Ech mengen, dass, Här Mehlen, net jiddereen muss d'accord si mat där Proposition, déi d'Regierung gemaach huet. Du moins awer misst jiddereen kënnen akzeptéieren, dass déi Cause, déi mer verdeedegen, fir déi Moosnam hei ze proposéieren, eng ganz respektabel ass, an dass een, mengen ech, doriwwer net brauch onnéideg ze streiden a se och net onnéideg brauch ze belächelen.

Mir maachen dat och fir all déi, déi onschëlleg hiert Liewe gelooss hunn duerch den Alkohol am Verkéier. Mir maachen et och fir déi, déi onnëtz hiert ganz Liewen am Rollstull musse setzen, well se Affe gi si vu Leit, déi irresponsabel alkoholiséiert dobause gefuer sinn. Wann ech mech erënneren un den Débat, dee mer viru kuerzem hei haten duerch de Kolleg Ali Kaes, denken ech gären zréck u virun dräi Wochen, wou eng Fra vun 32 Joer op der N7 hiert Liewe gelooss huet duerch d'Verantwortung vun engem alkoholiséierte Chauffeur. Ech mengen, och dorunner solle mer denken.

Ech géif mengem Virgänger, dem Kolleg Henri Grethen, soen, dass hien de Kapp dohinner gehalen huet fir de Punktführerschäin. An hien hat Recht et ze maachen. Och do sinn d'Répercussiounen ganz positiv. Ech wëll och zréckkommen an erënneren, niewent der Aarbecht, déi de Kolleg Niki Bettendorf hei gemaach huet, un déi vill Aarbechten, déi vun eisem Frënd Marc Zanussi gemaach gi sinn, deen e ferventen Adept war vun der 0,5 Promille, an him no-dréiglech mat all sengen Initiative Recht ginn.

» M. le Président.- Här Minister!

» M. Lucien Lux, Ministre des Transports.- Elo mengen ech awer, dass de Kolleg Carlo Wagner mer wollt eng Bemierkung maachen.

» M. Carlo Wagner (DP).- Keng Bemierkung, Här Minister. Här President, wann Der erlaabt, ech wollt just eng kuerz Fro stellen. Den Här Minister huet elo just dat dramatescht déidlecht Accident évoquéiert, dat vun engem, deen ze vill gedronk hat, causéiert gi wär. Ech wollt den Här Minister froen: Louch deen zwëschent 0,5 an 0,8 Promille? Well dat ass hei den Débat, net vun deene Leit, déi iwwer 2 Promille leien oder esou.

» M. Lucien Lux, Ministre des Transports.- Ma, ech kann Iech dat an deem präzise Fall do natierlech net soen, well dat wierklech e Secret d'Instruction ass. Mir hu jo awer och nach eng Rei vu juristesche Regeln, déi am Prinzip gëllen. Mä ech wäert iwwert d'Fro vun den 0,5 an 0,8 Promille dertëschent sécherlech nach drop zréckkommen an Iech dozou e puer Äntwerte ginn.

» M. Carlo Wagner (DP).- Entschëllegt, Här Minister. D'Äntwert wär awer trotzdem einfach gewiescht. Wann Der sot, dass en en état d'ivresse gewiescht wier, da war hien automatesch iwwer 0,8. Well dem jët-



zege Gesetz no, de jëtzege Gegebenheeten no, ass een eréischt iwwer 0,8 Promille fautif. Wann deen doten also duerch Alkohol fautif war, da war hien net zwëschent 0,5 an 0,8, mä hie war iwwer 0,8 Promille.

» **M. Lucien Lux, *Ministre des Transports***.- Ech wëll lech just soen, léiwe Kolleeg Carlo Wagner, dass d'Fro vun der Problematik, déi mer hei diskutéieren, ebe just net nëmmen eng ass vun tëschent 0,5 an 0,8 Promille.

» **Une voix**.- Très bien.

» **Une autre voix**.- Voilà!

» **M. Lucien Lux, *Ministre des Transports***.- Déi Fro, déi mer hei diskutéieren, ass definitiv eng Fro, dass mer den Alkohol am Verkéier, wann ee fiert, wëlle stiliséieren. An an alle Länner, déi 0,5 agefouert hunn, huet et net nëmmen zu enger drastescher Erfetzung vun den Accidenter, provoquéiert duerch den Alkohol, gefouert, mä et huet och wéi eng Method vu Boule de neige iwwert déi gesamt Skala vun de Miessungen, déi gemaach gi sinn, dozou gefouert, dass den Alkohol am Verkéier erfogaangen ass.

Et geet also net nëmmen drëm, déi ze touchéieren tëschent 0,5 an 0,8. Et geet drëm, dass d'Chamber haut soll soen: Mir wëllen den Alkohol am Verkéier, wann ee fiert, héichstiliséieren zu enger grousser Gefor. Dorëmmer geet et!

Duerfir ass dat e falschen Débat, just nëmmen ze schwätzen iwwer 0,5 an 0,8 Promille. Et ass driwwer ze schwätzen: Wéi gi mer mat där irresponsabeler Fro ëm vu Leit, déi fueren a sech keng Gedanken maachen, wéi et mat der Fräiheet vun deem ass, deen herno mat der Gladder an der Fënster läit a säi ganz Liewen domadder muss ëmgoen? Dat ass d'Fro, ëm déi et hei de Mëtteg geet! An dat ass déi Äntwert, déi ech lech wëll ginn!

Ech wëll doriwwer eraus dem Kolleeg Roland Schreiner als President a Rapporteur vun der Kommission e grouse Merci soen, deen dat op eng roueg an - wéi mer et bei him kennen - décidéiert Aart a Weis an der Kommission an och haut de Moien hei gemaach huet, wéi iwwregens och den Débat an der Transportkommission e ganz seriöen, e propperen Débat war iwwert d'Vir- an Nodeeler, wéi mer dat roueg gemaach hunn. Ech sinn doriwwer eraus iwwerhaupt frou iwwert dee würedgen Débat, dee mer an där Fro hei - och dobaussen - an deene leschte Wochen haten, an och iwwert déi grouss Majoritéit, déi sech amgaangen ass hei ofzezeechnen, fir dat Gesetz ze ënnerschreiwen.

De Kolleeg Henri Grethen huet et zu Recht gesot: Hei ass ee Projet, deen zu engem gudden Deel zrëckgeet op déi Aarbecht, déi hie gemaach huet an déi hien um Schluss vun der vergaangener Legislaturperiod hei deponéiert huet, a wou hien domadder och déi Aarbechte vum Kolleeg Niki Bettendorf an der Fro vum Dépistage vun den Droge mat eran implizéiert huet. Et ass gewosst, dass mer, esou wéi mer eis et an der Regierungserklärung vum 4. August 2004 virgeholl haten, aus der Lutte géint d'Insécurité am Verkéier eng grouss Prioritéit maache wëllen.

Da kann een doriwwer während fënnef Joer grouss Rieden halen an de Leit Tréinen an d'Aen driewen. Et muss ee vläicht awer och dann dozou kommen, fir konkret Moossnamen ze huelen. Duerfir hu mer engersäits opgebessert, nach verstärkt, a mir hunn op där anerer Säit - an ech mengen, och dat ass gewosst an et ass vum Rapporteur hei gesot ginn - duerfir gesuergt, dass mer praktesch eng Neifaassung hu misse maachen zum Kapitel vum Dépistage vun den Drogen, well de Conseil d'État do relativ vill Awänn hat par rapport zum initiale Projet, wéi en deponéiert ginn ass.

Ech wëlt och zu där Argumentatioun, déi de Kolleeg Grethen hei geholl huet par rapport zu deenen dräi Experten, déi hie chargéiert hat, fir sech Gedanken dozou ze maachen, an déi éischter zur Konklusioun komm sinn, dass een net op de Wee vun der Erfetzung vum Taux d'alcoolémie soll goen, zwou Saache soen.

Dat eent ass: Ech wëll drun erënneren, dass dat heite jo net iergendwou gebuer ass nëmmen innerhalb vun den Diskussiounen vun der Regierung, mä dass d'Commission de circulation de l'État, déi de Minister an d'Regierung an alle Froe beréit, ëm déi et hei geet, eestëmmeg - an ech betounen, eestëmmeg! - proposéiert huet, fir den Taux d'alcoolémie erfzesetzen op 0,5 Promille.

An där Commission de circulation de l'État sëtzen net nëmmen déi implizéiert Ministèren, sëtzen net nëmmen déi ONGen, wéi d'Sécurité routière, wéi d'Association des Victimes de la Route, déi sech säit Joren

asetzen, fir op deen dote Wee ze goen. Mä dodranner sëtzt och zum Beispill d'Police grand-ducale, sëtzt de Parquet, sëtzt de Syvicol, sëtzt den Automobile Club, sëtzt de Centre de formation vu Colmar-Berg mam Här Pannacci, déi alleguer oui Ausnahm an eestëmmeg der Meenung waren, dass mer dee Wee do solle goen. Duerfir wëll ech soen, par rapport zu deenen - wéi den Direkter vun der Police, deen hie genannt huet, oder de Procureur -, dass hir Institutionen an d'Commission de circulation de l'État hiren Aval ginn hunn.

Dann déi Argumentatioun, déi Der hei virgelies an zitéiert hutt, fir ze soen: Wa mer dann eng Kéier an d'Situatioun kommen, dass et europäesch e Fait gëtt oder eng Direktiv gëtt, déi mer müssen implizéieren, da muss mer dee Wee goen. En fait, Här Grethen, wëll ech der Chamber soen, dass mer jo déi Situatioun haut hunn.

Mir hunn elo nach dräi Länner vu 27, déi en Taux hu vun iwwer 0,5 Promille. Mir hunn also eng harmoniséiert Situatioun en fait. An an der Groussregioun mat esou ville Frontalieren, wéi mer hunn, an esou vill Leit, déi hei ronderëm reesen, ass et e wichtege Bestanddeel och, dass mer mat eisen Nopeschlänner gläichzéien, fir hei eng harmoniséiert Regel ze hunn. Dat heescht, mat deem, wat si als Konditioun festgesat hunn, sollen och mir op de Wee goen, an dat ass en fait haut eng Situatioun, déi sech an Europa och wierklech ermëfënt.

En anere Punkt ass dee vun der Restauratioun an och vun der Viticulture an deenen Ängschten, déi et an deene Secteure gëtt an déi ee soll seriö huelen. Duerfir diskutéiere mer säit dem September d'lescht Joer mat deene Secteuren och doriwwer, fir ze hëllefen an ze kucken, wéi mer dat gemeinsam kënnen ugoen.

Dat huet dozou gefouert, dass mer zesummen an enger Pressekonferenz d'Legitimitéit vun där Iddi hei vun den 0,5 Promille zesummen no bausse gedroen hunn, gemeinsam Initiativen huele vun Informatioun, vun Hëllef vun de Konsumenten, fir sech op déi Fro hei anzustellen. Et gëtt vill Restaurateuren a vill Leit am Secteur, déi op eng ganz innovativ Aart a Weis versichen, sech heidrop anzustellen. Ech mengen, dass mer och do eng ganz würedg Diskussioun gefouert hunn, wéi mer dat an deenen nächste Méint kënnen zesumme mat de Secteure maachen.

Ech hu mech och iwwregens kundeg gemaach, dat muss ech soen, vis-à-vis vun deem Argument, wat gesot gëtt, et géif an deene Secteuren do, an der Restauratioun an esou virun, eng drastesch Reduzéierung gi vun de Konsumenten. Ech hunn a ville Momenter, wou mer mat den europäeschen Transportministereen zesummesouzen an och iwwert déi hei Froen diskutéiert hunn, mech do kundeg gemaach. Keen, net ee Minister konnt aus sengem Land doriwwer berichten, dass dat an deene Secteuren zu drastesche Reduzéierung vum de Konsumente gefouert hätt! Kee konnt dat behapten!

Et huet de Moien hei ee gesot - ech mengen, dat ass richtig -, dass a Griichenland, dass a Spuenien, dass a Frankräich, dass an Italien, do, wou et scho laang 0,5 Promille gëtt, héchstwahrscheinlech gradesou vill Leit an de Restaurante sinn, gradesou vill gefeiert gëtt, gradesou vill Leit zesummesëtzen, fir sech ze amüséieren, wéi dat hei zu Lëtzebuerg wäert sinn.

An dann huet de Kolleeg Félix Braz eppes gesot, wat ganz richtig ass. Nämlech dass et net dorëms geet - an ech gehéieren zu deenen, déi viscéralemeng eng Gesellschaft net gär géife gesinn, wou mer iwwerall Verbuetsschëlde géife maachen -, de Leit ze verbidden, hire Patt ze drénken. Et geet hei dorëms, de Leit ze verbidden, iwwerméisseg Alkohol ze drénken an dann Auto ze fueren. Ech mengen, dorëmmer geet et. Et geet dorëms, sech ze organiséieren, an ech hunn d'Gefill, dass vill vun de Leit dobausse schonn an der Tëschenzäit souwisou mengen, déi 0,5 Promille wäre schonn a Kraaft, wann ech der heiansdo begéinen.

Ech hunn d'Gefill, dass sech d'Leit vill besser a vill méi intelligent dorop astellen, dass déi jonk Leit zesumme sech organiséieren, sief et iwwert de Late Night Bus, dee vu ville Gemengen ugebuede gëtt, sief et iwwert den Night Rider oder sech ënnereneen de Covoiturage maachen, dass all Weekend een dann eben net zum Alkohol gräift, wann dat dann onbedéngt muss sinn, a sech domadder organiséieren. Ech mengen, dass et an der Tëschenzäit iwwert dee Wee scho vill méi laang bei de Leit en Dropastelle op déi Situatioun gëtt, wéi mir mengen.

Zu enger Rei vun Argumenter, déi ugefouert gi sinn. Ech hu gesot, dass et eng Fro ass, iwwer wiem seng Fräiheet mer dann hei diskutéieren, an dass et do vill Hypokrisie an

eiser Gesellschaft gëtt, wa mer iwwert den Alkohol schwätzen. Mir hunn net fir näischt eis Campagne, déi am Moment leeft, genannt „D'Liewen ass schéin“, well mer net eng negativ Campagne wëlle maachen, eng autoritär Aart a Weis wëlle maachen, mä de Leit wëlle soen: Genéisst d'Liewen, genéisst Är Owender zesummen, mä organiséiert lech, fir dass Dir lech selwer schützt an dass Dir virun allem och déi aner Leit schützt. Duerfir ass dat och e Jo zum Liewen.

Och déi Argumentatioun, déi gesot gëtt, et dierft een dann iwwerhaupt näischt méi drénken, ass net richtig. Ech mengen, dass zwee Glieder ëmmer erlaabt sinn, an dass och, wann den Owend hei de Patt vum President zerwéiert gëtt, fir an d'Vakanz ze goen, jiddfereen dee Patt roueg soll kënnen drénken an och an Zukunft kann drénken, wa mer bei 0,5 Promille sinn.

Ech wëll zum Schluss, Här President,...

**(Brouhaha général)**

...nach soe par rapport zu deem Argument, wat och de Carlo Wagner an de Kolleeg Roby Mehlen hei gesot hunn: Wann a Frankräich gewisse ginn ass, dass vun allen Accidenter, déi duerch Alkohol provoziert gi sinn, 30% - ech soen nach eng Kéier: 30%! - vun deenen Accidenter un engem Taux d'alcoolémie tëschent 0,5 an 0,8 Promille louchen an ee kann dovun ausgoen, dass dat op ville Plazen och esou ass...

Dat sinn déi offiziell Zuele vun deene Leit, mat deene mer zesummesouzen, fir doriwwer ze diskutéieren, esou wéi tendenziell dat och op anere Plaze gesot ginn ass.

An ech wëll lech eng aner Zuel nach soen, Här Mehlen, déi ebe just a Frankräich vum Conseil national de la sécurité routière française virgëschter publizéiert ginn ass an déi een op engem Bäitrag bei TF1 huet kënnen gesinn: Dass nämlech bei engem Autofuehrer, dee mat 90 km/h fiert, de Bremswee, wann e muss bremsen, bei engem, deen 0,2 Promille am Blut huet, bei 25 Meter läit, an dass de Bremswee bei engem, dee bei 0,5 Promille huet, scho bei 38 Meter läit. Ech hunn net méi erausfonnt, wéi vill e bei 0,8 Promille ass.

Ech soen lech just, 12 Meter oder 15 Meter mag net vill sinn, mä si decidéieren an deem Fall hei tëschent Liewen an Doud. Esou einfach ass d'Fro, wa mer iwwert dat diskutéieren, wat sech tëschent 0,5 an 0,8 Promille wierklech ofspillt.

An ech mengen, dass all déi Zuelen, déi mir geliwwert hunn - zum Beispill de Beweis, dass vun deenen 11.901 Punkten, déi um Gericht ofgezu si gi bei Leit, der do 4.811, dat heescht 40%, weinst dem Alkohol waren -, weisen, dass mer hei eng Problematik hunn.

Elo géif ech gären, Här President, och nach Stellung huelen zu deene ville Froen, déi nach hannendru gestallt si ginn, och iwwer aner Politiken. Dat geet iwwert de Radar, iwwert de Gurt an esou virun. Leider gesinn ech awer, dass ech scho bal zwou Minutten iwwert der Zäit sinn. Dat deet mer leed, well ech schonn esou oft hei gemierkt hunn, dass ee vill Froe gestallt kritt a vill Suggestiounen gemaach kritt, op déi ee gäre géif äntwerten, well ee respectueux ass vun engem proppere parlamentareschen Débat, mä d'Zäiten, déi d'Ministèren zougestane kréien, sinn esou, dass dat net méiglech ass.

**(Interruptions diverses)**

Ech géif also invitéieren, wann de President vun der Transportkommission d'accord ass, dass ech - am September hu mer schonn eng Sëtzung virgesinn, fir iwwert de Projet de loi ze diskutéieren - do ganz gären an d'Kommission kommen, wéi ëmmer iwwregens, an dass ech zu all deene Froen, déi iwwert den Taux d'alcoolémie an dëst Gesetz eraus ginn, dozou ka Stellung huelen.

Merci.

**(Interruption)**

» **M. le Président**.- Eng Fro vum Här Grethen nach.

» **M. Henri Grethen (DP)**.- Ech wollt dem Här Minister villmoos Merci soen, well hie mir félicitéiert huet fir de Punktführerschäin, dee seng voll Zoustëmmung fënn. Ech ka mech net méi richtig erënneren, Här President, mä ech mengen, déi Zoustëmmung war an der Zäit a senger Partei net esou breet, wann ech mech net iren.

**(Hilarité et interruptions)**

» **M. le Président**.- Sou, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn elo...

**(Interruption)**

Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Robert Mehlen (ADR)**.- Här President, ganz kuerz. Ech wëll dat formell hei contestéieren, wat den Här Minister gesot huet. Hei ass d'Tabell vum Conseil national de la sécurité routière française vum Mäerz 2004 iwwert d'Accidenter mat Doudesfolge. Här Minister, ech kann lech se ginn. Et sinn 2,9%, déi tëscht 0,5 an 0,79 Promille leien. Do ass sech einfach, wéi schonn anerwäerts stoung, an der Zeil géiert ginn, well et sinn déi duerno, déi effektiv vill méi héich leien.

» **Une voix**.- Dir wäert dach net mat falsche Statistiken operéieren?!

» **M. le Président**.- Sou, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn elo um Enn vun där Diskussioun ukomm a mir kommen zum Vote vum Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5366 ass ugehall mat 55 JoStëmmen, bei 5 Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Patrick Santer), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps et Claude Meisch;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*M. Aly Jaerling.*

*Ont voté non: M. Carlo Wagner;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.



### 3. Ordre du jour

Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt kucken, wat den Ordre du jour an eis Aarbechte vun haut de Moien ubelaangt. Fir den nächste Projet wäerte mer ronn eng Stonn brauchen. Duerfir géif ech proposéieren, dass mer mat deenen zwee anere Punkten, déi mer nach um Ordre du jour hunn, notamment d'Fro vum Här Marc Angel iwwert d'Adoptioun an och d'Motioun vum Här Braz, déi haut de Moien och soll beäntwert ginn, haut de Mëtteg ufänken, haut de Moien awer d'Diskussioun vun dem Projet, deen elo um Ordre du jour steet, nämlech dem Projet 5709, fäerdeg maachen. A mir stëmmen am Ufank vun der Sitzung haut de Mëtteg um hallwer dräi iwwert dee Projet of.

Ass d'Chamber mat deene Propositionen d'accord?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Haut de Moie maache mer d'Diskussioun vum Projet de loi iwwert d'Lärmbelästegung bei de Flughäfe fäerdeg. De Vote doriwwer ass haut de Mëtteg um hallwer dräi. Duerno hu mer d'Fro vum Här Angel an d'Motioun vum Här Braz, an dann den normalen Ordre du jour, esou wéi mer e virgesinn haten.